

# PROJET PLAN D'ÉTUDES 2025



## KONSULTATIONSPHAS

Bildungsberäich

### COLAB-WORKSHOP 2

### ‘Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul’

15. a 17. Mäerz 2022 – Online via Teams & EduPôle zu Walfer

## ANNEXE



SCRIPT

Service de Coordination de la Recherche  
et de l'innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum

Division SCRIPT



## Impressum

© Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques  
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse  
Luxembourg

Auteur: SCRIPT – Division du développement du curriculum

Contact: [curriculum@script.lu](mailto:curriculum@script.lu)  
[www.curriculum.lu](http://www.curriculum.lu) / [www.script.lu](http://www.script.lu)

ISBN 978-99959-1-487-5

Editionn Januar 2023

## Inhaltsverzeechnes

<b>1.</b>	<b>Virwuert</b> .....	4
<b>2.</b>	<b>Diskussioun an den Atelieren</b> .....	5
<b>3.</b>	<b>Fotogalerie</b> .....	69
<b>4.</b>	<b>Kontakt</b> .....	81



# 1. Virwuert

An dëser Annexe ginn déi gesammelt Stéchwierder a Fotoen aus all den Ateliere a Gruppenearbechten vum zweeten CoLab-Workshop fir de Bildungsberäich, 'Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul', opgeléicht. D'Zil vun dëser Annexe ass et, den Inhalt aus den Diskussiounen méiglechst neutral erëmzeginn, fir eng Trace vum ursprénglechen Input ze halen. Am Haaptdokument vum Rapport, deen Dir op [www.curriculum.lu](http://www.curriculum.lu) kënnt agesinn, huet d'Divisioun fir Curriculumsentwécklung vum SCRIPT eng Regroupéierung an e Choix fir eng bestëmmten Andeelung getraff. Wann Dir um generellen Inhalt vun den Diskussiounen interesséiert sidd, recommandéiere mir lech, de Rapport ze consultéieren an dës Annexe als Complément ze gesinn.<sup>1</sup> Am CoLab, deen en présentiel zu Walfer stattfonnt hutt, hunn d'Mataarbechter aus der Divisioun fir Curriculumsentwécklung d'Atelieren moderéiert a mat den Outilen vun der Moderatioun geschafft (Flipchart, Post-its, Notetaker vun der Divisioun etc.). Am Online-CoLab goufen d'Participanten a 'Breakout-Rooms'geschéckt, wou si mat engem Worddokument a vill manner kadréiert diskutéiert hunn. Si hu selwer d'Roll vum Notetaker ënner sech misse verginn. An dëser Annexe sinn d'Rapporten an d'Notizen aus béiden Evenementer innerhalb vun den Atelieren zesummegeleucht ginn an eng éischt grob theematesch Sortéierung gouf virgeholl.

Mir wënschen lech eng interessant Lecture vu béiden Dokumenter!  
D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT  
Logo Curriculum



---

1 D'Stéchwierder an dëser Annexe goufe quasi 1 zu 1 vun de Participanten iwwerholl. Feeler goufe net weider kontrolléiert.

## 2. Diskussioun an Atelieren

### LEGEND:

- RAo1-6:** Atelier A online, Breakout Rooms 1-6 an Point vun den Diskussiounen am grouse Grupp (15.03.22)
- RBo1-6:** Atelier B online, Breakout Rooms 1-6 an Point vun den Diskussiounen am grouse Grupp (15.03.22)
- RCo1-6:** Atelier C online, Breakout Rooms 1-6 an Point vun den Diskussiounen am grouse Grupp (15.03.22)
- RDo1-5:** Atelier C online, Breakout Rooms 1-5\* an Point vun den Diskussiounen am grouse Grupp (15.03.22) (\*woubäi mir de Rapport vum Breakout Room 4 duerch en technesche Problem net kritt hunn)
- RAp:** Rapport Atelier A en présentiel (17.03.22)
- RBp:** Rapport Atelier B en présentiel (17.03.22)
- RCp:** Rapport Atelier C en présentiel (17.03.22)
- RDp:** Rapport Atelier D en présentiel (17.03.22)

## Beschreibung vun der Méisproochegeet als Realitéit an eise Schoulen

### D'Méisproochegeet als Atout fir d'Kanner

#### Méisproochegeet sinn ass en Atout fir all Eenzelnen an férdert d'Gemeinschaft an enger kulturell diverser Gesellschaft

**(RAP)** Sprooche si wichteg fir eng mündeg Platz an der Gesellschaft ze fannen. Et ass e Moyen fir dozou ze gehéieren an um Liewen an der Gesellschaft kennen deelzehuelen. Sprooche sinn och en Deel vun engem Mënsch senger Identitéit. Nëmme wann een déi néideg Sprooche kann, kann een och aktiv als Deel vun der ziviller Gesellschaft agéieren a seng Rechter a Pflichten als Bierger hei am Land wouer huelen. Och Deelgesellschaften (Communautéiten) liewen an der Gesellschaft an d'Sproochen sinn néideg fir kennen eng Ghettoisatioun ze verhënnere. Déi initial Identitéit soll mat der gesellschaftlecher Identitéit zu Lëtzebuerg verbonne ginn. Et geet drëm ze deelen an den Échange tëschent de verschiddene Communautéiten ze deelen, fir datt d'Gesellschaft kann méi zesummewuessen

**(RAP)** Duerch d'Sproochen kritt een och den Zougang zu de Kulturgidder.

<b>(RAp)</b> D'Valorisatioun vun der Méisproochegkeet suergt fir eng kulturell Diversitéit well nëmmen doduerch d'Kommunikatioun hei zu Lëtzebuerg méiglech ass
<b>(RAp)</b> Wann ee Lëtzebuerg mat der Schwäiz vergläicht, da stellt ee fest, datt hei awer méi Kommunikatioun a méi Respekt fir déi vill Sproochen existéiert. An der Schwäiz kënnen se nach laang net an all Regioun déi offiziell national Sproochen
<b>(RAp)</b> Déi sproochlech Diversitéit hei zu Lëtzebuerg ass e Schatz. D'Méisproochegkeet, déi an der Schoul gefërdert gëtt, suergt dofir, datt d'Kanner an déi Erwuessen sech ënnertenee verstoen kënnen an esou eng kulturell Diversitéit existéiert. D'Méisproochegkeet ass en Instrument fir d'Inklusivitioun a stäerkt den Zesammenhalt. Och kann esou e géigesäitegt Interessi fir déi ënnerschiddlech Kulturen entstoën
<b>(RAo2)</b> (Sproochlech Diversitéit) Grousse Virdeel par rapport zum Ausland
<b>(RDp)</b> D'Méisproochegkeet bäibehalen
<b>Wéi d'Méisproochegkeet momentan an de Schoulen ausgesäit</b>
<b>Sproochlech Diversitéit bei de Schüler</b>
<b>Méisproochegkeet an sproochlech Diversitéit schon ier d'Kanner an d'Schoul kommen</b>
<b>(RAp)</b> Et gi vill Kanner, déi schon 1, 2 oder méi Sproochen hunn, ier si an d'Schoul kommen. Déi kréien dann a ganz kuerzer Zäit nach 3 nei Sproochen dobäi
<b>(RBo4)</b> Dei eenzech Kanner dei Däitsch als Zweetsprooch hunn sinn déi lëtzt. Kanner, fir déi aner ass et schon eng Friemsprooch
<b>(RBo4)</b> Englesch Sprooch gëtt haut vill vu Videoën iwweholl (youtube, tik tok, social media)
<b>(RAo1)</b> D'Kanner kennen englesch/amerikanesch durch Spiller/Tablett
<b>Wéi sech d'Participanten dëss sproochlech Diversitéit bei de Kanner erklären</b>
<b>(RAo4)</b> Aktuell vill Kanner am C1 déi een net versteet, quasi keng Sprooch
<b>(RAo5)</b> D'Kanner kënnen hir Mammsprooch net méi
<b>(RDob)</b> Konstat: de sozio-kulturellen Hannergrond vun den Familien spillt eng grouss Roll beim Erwerb vun de Bildungssproochen
<b>Wann d'Mammeprooch net gutt genuch entwéckelt ass, ass et schwéier nei Sproochen ze léieren an dorop huet d'Schoul keen Afloss</b>
<b>(RAo5)</b> Vill Kanner mat Migratiounshannergrond
<b>(RDo2)</b> Vill Nationalitéiten, logistesesch schwierig

<b>(RBp)</b> A punkto Zäit, déi si kënne mat hire Kanner verbréngen, si verschidde Leit privilegiéiert, anerer staark benodeelegt
<b>(RBp)</b> Heiansdo ginn d'Eltere sech vill Méi fir de Kanner eng Friemsprooch/offiziell Sprooch vum Land als éischt Sprooch bäizebréngen, déi si selwer awer net beherrschen
<b>Méisproochegkeet duerch déi sproochlech Diversitéit bei de Schüler</b>
<b>Grouss Ënnerscheeder tëscht de Schoulen</b>
<b>(RAo6)</b> Groussen Ënnerscheid tëschent de Schoulen, et hänkt vill dovun of, wéi vill Kanner lëtzebuergesch doheem schwätzen
<b>Sproochlech Diversitéit um Niveau vun den enseignéierten Sproochen</b>
<b>D'Kanner kréien déi dräi Landessproochen an der Schoul bäibruecht</b>
<b>(RDo1)</b> DE, FR, LUX, ENG (IT, SP, LAT., Portugiesesch) als momentan Bildungssproochen
<b>(RDo3)</b> Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch, an am Secondaire nach Engléisch
<b>(RDo5)</b> Les langues d'enseignement sont le français et l'allemand. Les langues véhiculaires dépendent du public: le français, l'anglais, le luxembourgeois en règle générale.
<b>(RDo1)</b> <ul style="list-style-type: none"> <li>• Lëtzebuergesch gëtt als Alldaagssprooch, Emgangssprooch. Gëtt ëmmer méi gefërdert</li> <li>• Oft gëtt drop zréck gegriff fir onbekannte Vokabulaire z'erklären</li> <li>• Wichtig fir d'Integratioun</li> </ul>
<b>(RDo5)</b> Le luxembourgeois est la langue nationale, mais à l'école, ce n'est pas une langue d'enseignement. <p>Dans le cas de l'enseignement modulaire et de l'enseignement générale, le luxembourgeois est toutefois la bouée de secours en cas d'explications non comprises.</p> <p>Dans les lycées internationaux, (Lënster Lycée p.ex.), chaque élève sera alphabétisé dans sa langue maternelle et choisira ensuite une première, une deuxième, voir une troisième langue.</p> <p>Le luxembourgeois est automatiquement présent tant que les enseignants seront luxembourgeois. Le luxembourgeois restera la langue de communication.</p> <p>Pour les branches secondaires le luxembourgeois reste la langue de communication.</p>
<b>D'Sonderstellung vum Lëtzebuergesch an der Schoul</b>
<b>Nationalsprooch awer net Bildungssprooch</b>
<b>Lëtzebuergesch ass Integratiouns- an Sozialiséierungssprooch an der Schoul</b>
<b>Lëtzebuergesch gëtt am schouleschen Alldag geléiert</b>

<b>(RAo1)</b> Sproochlech Bildung → fir eng gemeinsam Sprooch ze hunn, fir sech ze verstännegen a fir dass d’Klass eng Gemeinschaft ass
<b>(RAo2)</b> Schafe vun enger sproochlecher Basis
<b>(RAo2)</b> Vill verschidden Sproochen ginn doheem geschwat → Schafe vun enger gemeinsamer Integratiounssprooch fir den gemeinsamen Wee an der Schoul
<b>(RBp)</b> D’Enseignante bréngen déi 3 Sproochen (Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch) bäi
<b>(RD01)</b> D’Lëtzebuenger Sprooch ass de gemeinsame Nenner an spillt seng Roll als Integratiounsroll
<b>(RDp)</b> Lëtzebuergesch ass nach ëmmer d’Integratiouns- a Sozialiséierungssprooch an der Schoul → Lëtzebuergesch de gemeinsame Nenner an alle Sproochen
<b>Déi 3 Bildungssproochen sinn aktuell nach ëmmer wichteg, si bilden d’Basis vun der Lëtzebuenger Nationalitéit an d’Integratioun an d’lëtzebuenger Gesellschaft</b>
<b>(RAp)</b> Wann ee Schwierigkeeten mat den dräi offizielle Sprooche vum Land huet, dann ass een an der lëtzebuenger Gesellschaft séier ausgeschloss. Dat gëllt awer och fir déi Leit, déi et net esou einfach hunn Sproochen ze léieren
<b>(RAo1)</b> D’Kanner switchen tëscht de Sproochen, wann hinne Wieder an enger Sprooch net afalen
<b>(RAo2)</b> Héije Stellwäert vum Lëtzebuergesch (am Schoulalldag)
<b>(RAp)</b> Et gëtt vill op Lëtzebuergesch geschwat am Haff, ma och an der Schoul fir Saachen besser kenne ze erklären
<b>(RB01)</b> An der Internationaler Schoul gëtt Lëtzebuergesch als Friemsprooch geléiert
<b>(RAp)</b> D’lëtzebuenger Sprooch ass oft d’Sprooch vun de Frënn wann vill Sproochen zesumme-kommen. Och wann een se net perfekt kann, kritt een esou eng Kommunikatioun hirgestallt
<b>(RAo2)</b> Sproochebildung geschitt vill am Alldaag
<b>(RAo4)</b> An der MR gëtt Lëtzebuergesch geschwat, Lëtzebuergesch gëtt niewebäi geschwat a geléiert
<b>(RAo3)</b> Mir fërderen d’lëtzebuergesch Sprooch als gemeinsam Schoulsprooch en vue vun enger gemeinsamer Kommunikatiounssprooch an en vue vun de Kompetenzen déi weider vun de Kanner wäerten gefroot ginn
<b>(RAo3)</b> Mir huelen d’Kanner do of wou se stinn. D’Realitéit um Terrain ass immens multilingjustesch an d’Komplexitéit ass fir déi verschidden Niveauën beieneenze bréngen.
<b>(RDp)</b> All Kand huet Sproochekenntnisser – dorop opbauen fir deng Bildungssproochen drop opzebauen (Schatz vun de Kanner fir ze kommunizéieren) et sollt een dorop opbauen, dass d’Kand



kommunizéiere kann – all Kand huet e Langage → Bildungssprooch ass eng déi s du formell léiers – Interferenzsprooch
<b>(RBp)</b> Verschidden Enseignanten gräifen op fir d’Kand besser verständlech Sproochen zréck, anerer maachen an der Langue Véhiculaire weider, fir dass d’Kand duerch Immersioun d’Sprooch weiderléiert
<b>(RBo1)</b> Am Précoce gëtt duerch Widderhuelungen a Ritualer Lëtzebuergesch gefërdert
<b>(RBo5)</b> Am C1 spillt se (déi sproochlech a kulturell Diversitéit) eng grouss Roll. D’Kanner benotzen déi Sprooch, déi se beherrschen, wëll se nach keng aner Sprooch kënnen. Passe sech och u wann et muss sinn, mee sichen haaptsächlech hieres Gläichen. <ul style="list-style-type: none"> <li>• Mat der Zäit festegt sech d’Lëtzebuergesch ëmmer méi als Kommunikatiounssprooch tëschent verschiddde Sproochegruppen. Vun C1 bis Secondaire.</li> <li>• Am Lycée hängt et éischer vun de Sectiounen of (Lycée technique). Op frankophone Klassen herrscht eng grouss Méisproochegkeet, ähnlech wéi am C1.</li> <li>• Kanner vun anerer kultureller Herkunft gi ganz gutt integréiert. D’Kanner stéiere sech wéineg drun, mee sinn éischer virwärtzeg. Si sinn op fir aner Kulturen, Bräich a Reliounen. Am Lycée féiert et méi oft zu Konflikter. Et geet do net ëmmer reibungslos eriwwer.</li> </ul>
<b>(RDob)</b> Lëtzebuergesch als Kommunikatiounssprooch als gemeinsame Nenner
<b>(RAp)</b> An der Schoul huet lëtzebuergesch Sprooch oft d’Roll vun der Alldagssprooch a gëtt och vill genotzt fir Erklärungen ze ginn
<b>(RDo1)</b> Et gëtt op Lëtzebuergesch Sprooch gegräff fir onbekannten Vocabulaire ze erklären
<b>(RAo1)</b> Deemno em wat et geet, Mathé zum Beispill, do gëtt oft awer op Lëtzebuergesch geschwat, fir d’Verständnis bei den Kanner ze vereinfachen, well Däitsch oft eng zousätzlech Hürd ass
<b>(RDo1)</b> L als Alldagssprooch, Emgangssprooch. Gëtt ëmmer méi gefërdert
<b>E Wonsch no méi Chancegläichheet trotz Méisproochegkeet</b>
<b>Wonsch no Chancegläichheet fir all Kand</b>
<b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wënsch: Chancegläicheet fir all Kand
<b>(RDp)</b> „D’Sproochen bremsen d’Chancegläichheet aus“
<b>(RDp)</b> Wéi kann een der Méisproochegkeet an all System gerecht ginn? EF, ESG, FP... Fir sou dat „heemlecht“ Potenzial an d’Kompetenzen vun de Kanner visibel ze maachen
<b>(RBp)</b> Et geet heibäi em Chancegläichheet. Et soll all Kand ugepasste Méiglechkeete hunn ze léieren

<b>(RAp)</b> Hatt wënscht sech méi Gerechtegkeet an de Sproochen, esou datt jiddereen déi selwecht Méiglechkeeten huet, egal mat wéi engem Hannergrond
<b>(RDo5)</b> Les langues ne doivent pas être un facteur d'échec pour les études secondaires
<b>(RDo5)</b> Une langue ne doit aucunement être un frein à l'évolution d'un élève dans le système scolaire!
<b>Fir vill Kanner sinn d' Sproochen eng Barrière an der Schoul</b>
<b>D'Sproochen als Facteur d'Echec an der Schoul</b>
<b>(RCo_5)</b> Bestoend Ongerechtegkeet tëschent Sproochbeherrscher an Net-Sproochbeherrscher
<b>(RAp)</b> D'Sprooche sinn eng Barrière an der Schoul
<p><b>(RAo6)</b> Wann e Kand am C1 seng Mammesprooch OK bis gutt kann, mee kee Lëtzebuergesch, da lauschteren se vill no. No der Chrëschtvakanz kënn dann och méi op lëtz. Am C1.2 sinn méi komplex Sätz present.</p> <ul style="list-style-type: none"> <li>• Wann d'Sprooch wierklech net do ass, da kritt d'Kand e Rallongement de Cycle</li> <li>• D'Kanner kënnen dann net gutt lëtzebuergesch</li> <li>• Oft huelen déi Kanner déi Schwieregkeeten am lëtz nach mat, op den Cycle 3 weider, z.B.</li> <li>• No der Summervakanz sinn vill Sproochkompetenzen verluer</li> <li>• Et ginn individuell Ënnerscheeder: vill oder wéineg Interaktiounen an der Famill, perséinlech sproochlech Kompetenzen...</li> <li>• De familiäre Kontext spillt eng grouss Roll</li> </ul> <p>Wann ee vill Kanner huet, déi net gutt letz. Kënnen am C1.2, da kënnen se net all e Rallongement kréien</p>
<b>(RAp)</b> Hatt stellt fest, datt et ganz vill Kanner a Jonker gëtt, déi wéint de Sproochen an d'Détresse falen
<b>(RDob)</b> Net gutt erwerben Bildungssproochen sinn e Facteur d'échec am Secondaire
<b>(RBo5)</b> No der 5 <sup>e</sup> si vill Echec'en, (well d'Basis an de Fächer Mathé, Franséisch an Däitsch feelt)
<b>(RAp)</b> Am Moment maache mir et eise Schüler am Verglach zum Ausland extrem schwéier. Si mussen all déi fachlech Inhalter léieren, déi se am Ausland och léieren a dann och nach zousätzlech den héije Niveau an de Sproochen erreechen. Domat ass et kloer, datt hei manner Kanner a Richtung Uni kenne goen, och wa si déi néideg fachlech Kompetenzen hätten an déi sproochlech Ufuerderungen vun der Uni géingen erfëllen
<b>(RAo4)</b> Kritt et net!! (Op d'Fro wéi all Kand Zougang zu den néidege Sproochekompetenzen kritt fir an der Schoul ze bestoen.)

<b>D'Sprooch ass eng néideg Basis fir weider sproochlech an net sproochlech Apprentissagen z'erméiglechen</b>	
<b>(RAo4)</b>	<ul style="list-style-type: none"> <li>• Fërderung vun sproochlecher Kommunikatioun</li> <li>• Basis</li> <li>• Gemeinsamen Nenner fir all d'Kanner</li> </ul>
<b>D'Sprooch als Barrière fir aner Fächer ze léieren</b>	
<b>(RCo4)</b>	De Vocabulaire fehlt; Nuancen an der Sprooch/Lexique fehlen
<b>(RCo4)</b>	Allgemengt Wëssen fehlt
<b>(RAo1)</b>	De Kanner gëtt den Zougang zu der Matière (duerch d'Sprooch) verwäert
<b>(RCo5)</b>	Net jidderee versteet den Enseignant wann eng Geschicht/en Atelier oder soss eppes erklärt gëtt
<b>(RAo1)</b>	Si verstinn de Vokabulär/Angaben net
<b>(RCo1)</b>	Exigences et bagage lexicaux ne sont pas donnés
<b>(RAo1)</b>	C3: verhalen net, et feelt eng Basis
<b>(RDo3)</b>	Wa si d'Sprooch net richtig kënnen, verstinn se d'Matière och net, an et kennt een aus deem Däiwelskrees net méi sou einfach eraus
<b>(RB01)</b>	Lycée: ganz vill Schüler hu Problemer an den Niewefächer duerch d'Franséisch, virun allem op den héige Klassen
<b>(RCo1)</b>	En Histoire: langue véhiculaire exigée n'est pas maitrisée par les élèves (lycée)
<b>(RAp)</b>	Et dierf een och net vergiessen, datt d'Sproochekompetenzen och en Afloss op déi mathematesch Kompetenzen kennen hunn
<b>(RBp)</b>	D'Sprooch kann eng Barrière sinn an dem Cours. Vill Schüler liesen am Däitsche scho ganz schlecht. Beispill: wann an der Mathé en Énoncé scho sproochlech net verstan gëtt, huet ee mol keng Chance ze versichen den Énoncé mathematesch ze verstoen, och wann et engem net u Mathéverständnis oder Affinitéit feelt
<b>(RBp)</b>	D'Kanner ginn an „net sproochleche Fächer“ ofgebremst a kënnen schoulesch net dat leeschten, wouzou si awer gedanklech duerchaus an der Lag wiere fäerdeg ze bréngen
<b>(RBo6)</b>	Am Mathéscours mierkt een den Ennerscheid tëschent de lëtzebuergesche Kanner (Hemmung am Franséischen? Gewunnescht, déi Jore virdrun am Mathéscours lëtzebuergesch ze schwätzen, sou datt deen technesche Vocabulaire ze kuerz kënnt?) an de frankophone Schüler, déi sech méi einfach dinn mam Franséischen

<b>D'Sproochen sinn den Haaptcritère fir d'Orientéierung fir an de Lycée an fir d'Beruffsausbildung</b>
<b>(RBp)</b> Am Moment ass et esou, dass d'Sproochen Haaptcritère fir d'Selektioun duerstellen, wéi d'Kanner an de Lycée orientéiert ginn, wéi eng Dieren iwwerhaupt fir si op stinn
<b>(RAp)</b> De Bewäertungssystem ass esou rigide, datt d'Kompetenzen an de Sproochen séier en Ausschlosscritère sinn
<b>(RAP)</b> D'Épreuves standardisées loosse keng Différenciatioun zou, esou datt all Kanner mat selwechte Mooss gekuckt ginn, an d'Sproochen séier zum Ausschlosscritère ginn.
<b>(RDob)</b> Kanner gi falsch orientéiert, net well si d'Kompetenz net hätten, mä well si d'Sprooch net kënnen
<b>(RAP)</b> Et gi vill Kanner, déi duerch eng Sprooch net kënnen an dee Beräich goen, fir deen se awer soss all d'Kompetenzen hätten
<b>(RAP)</b> Oft ass de Niveau vun de Sproochen den ausschlaggebende Punkt bei der Orientatioun. Wann och nëmmen eng Sprooch net sëtzt, ass et fir d'Kand net méiglech de Classique ze maachen. Mat Schwieregkeeten a méi wéi enger Sprooch ass den eenzege Wee oft deen iwwer en DT oder DAP, och wann de Schüler hir aner Kompetenzen no, en anere Wee méiglech wier
<b>(RAP)</b> Hatt stellt sech och d'Fro, op et néideg ass, datt all Kand all d'Sproocher léiere muss fir kennen an de Classique orientéiert ze ginn
<b>(RDp)</b> Sproochen sinn en Ausschlosscritère → du gëss ënnert dengem Wert evaluéiert duerch deng Sprooch trotz héigem IQ Orientéierung → Sproochen Haaptcritère
<b>(RBp)</b> Soubal d'Kanner am Lycée eng Sprooch kënnen eraussichen, wíelen si eng Sprooch wou si Loscht drop hunn, net onbedéngt eng déi onbedéngt duerno an hirem professionnelle Liewen an den Asatz kënn
<b>(RBo5)</b> Am Lycée gëtt Franséisch an den héije Klassen oft ofgewielt
<b>(RBo3)</b> E Beruff léiere wann e frankophon ass, ass begrenzt, d'Schüler mussen deelweis a Frankräich hir Léier maachen
<b>(RDp)</b> Méi Choix bei de Sproochen an der Berufsbildung
<b>D'Méschen vun de Sproochen erschweiert d'Sproocheléieren</b>
<b>(RAo3)</b> Barrière ass d'Méschen vun den Sproochen
<b>(RAo5)</b> Vill Sproocher ginn net richteg ausgeschwat, Feeler manifestéieren sech an d'Kanner léieren Sprooch net richteg

<b>Hemmungen entstinn</b>
<b>(RAo5)</b> Wann een näischt méi versteet, blockéiert een (zeréckzéien aus der Grupp) → silent period
<b>(RAp)</b> Kritescht Denken brauch eng gutt Sprooch. Wa mir wëllen, datt d’Kanner denken, da musse mir hinnen an enger Sprooch och d’Moyenen dozou ginn, an net mat méi Sproochen dat sproochlecht Selbstvertrauen schwächen
<b>(RCo4)</b> Kanner aus verschidde Länner vun der Welt – kee gemeinsamen Alphabet
<b>(RCo5)</b> D’Kanner kënnen sech net mat deenen anere Kanner / dem Enseignant austauschen sou wéi si et wëilten
<b>(RBp)</b> Soll een, wann een op sproochlech Immersioun setzt fir de Kanner hire sproochleche Retard opzeschaffen a Kaf huelen, dass d’Kand iwwert länger Zäit Retard en engem Fach kritt, wou et an senger éischer Sprooch keng Schwiereregkeeten hätt? Wéi geet een do mat dem sproochleche a mat dem fachleche Retard ëm?
<b>(RDo3)</b> De Problem ass och, dass een ëmmer méi verschidde Sproochen an enger Klass huet, an dass d’Kanner ganz oft réischt während hierer Scolaritéit op Lëtzebuerg kommen. Accueilstonnen am C2-4 laafen vill op franséisch an dat Däitsch gett net gekuckt
<b>Perséinlechkeet vun de Kanner</b>
<b>(RBp)</b> Et gëtt Kanner, déi méi en Talent fir Sproochen hunn, an aner Kanner déi einfach schei sinn, an dëst gëtt an der Schoul net oder kaum berücksichtegt. Sou gëtt et bei dem jëtzege System duerchaus Gewënner (Kanner déi als fléissend méisproocheg aus dem System kommen) a Verléierer (deenen de méisproochege System zum Verhängnis gëtt, an deelweis och mat Sproochestéierung schaffen)
<b>Schoulesch Offer: Problemer um Niveau vum Programm a vum System</b>
<b>Ënnerscheet tëscht dem Däitschen a Franséischen Unterrécht</b>
<b>(RBo3)</b> Franséisch geet méi gemälleg lass éischt (2-3 Wochen), Däitsch ass allgemeng schwiereg, well d’Ënnerscheeder tëschent den Kanner grouss sinn
<b>(RDoB)</b> Franséisch an Däitsch hunn grondsätzlech verschidden Grammairen an Strukturen an dat mécht den Apprentissage vun deenen zwou Sproochen nach méi schwéier
<b>(RDo5)</b> Enorme différence entre la langue allemande et la langue française (grammaire, structure...) donc trop d’abysse entre les deux langues.
<b>(RBo6)</b> Sproochlech a kulturell Diversitéit vun de Schüler net berücksichtegt, Däitsch gëtt éischer als Mammesprooch wéi als Friemsprooch ugesinn

<p>Am Cours d'accueil schéngt sech méi fir d'Sprooch an d'Kultur vum Kand intresséiert ze gin, fir de Lien ze maachen tëschent deem, wat d'Kand léiert a wat d'Kand als Ausgangssprooch huet; Zesummenaarbecht wichteg</p>
<p><b>(RBp)</b> D'Kanner kommen ze fréi an de Lycée, musse schonn ze fréi Entscheedunge treffen, déi hinnen Diere zou maachen. Mir dierfen hinnen d'Chancen net ze fréi eweg huelen, wann iwwerhaapt. Si musse motivéiert ginn a motivéiert bleiwen, besonnesch wann si kéinte mengen si géifen eppes net packen</p>
<p><b>D'Méisproochegkeet als Challenge fir d'Schoul/d'Léierpersonal</b></p>
<p><b>Déi sproochlech Diversitéit vun de Kanner stellt en Challenge fir d'Léierpersonal duer</b></p>
<p><b>Déi sproochlech Diversitéit vun der Kanner stellt en Challenge fir d'Enseignanten duer</b></p>
<p><b>(RAp)</b> Hatt freet sech awer, wéi mir den Challenge mat ëmmer méi Sproochen kënne packen</p>
<p><b>(RAp)</b> Zu senger Zäit an der Schoul waren d'Sproochen en Atout fir d'Liewen. Elo muss ee kucken, wéi een d'Sproochen als Atout fir d'Schoul notze kann</p>
<p><b>(RAo2)</b> Iwwerfuerderung wëll ee vill verschidde Saache wëll/muss uschneide mee näischt sëtzt richteg</p>
<p><b>(RDo2)</b> Mangel u Personal / guddem Personal</p>
<p><b>(RAo1)</b> Vill Kritik vum C2 par Rapport zum C1, well d'Kanner kee Lëtzebuergesch schwätzen</p>
<p><b>Problemer mat deenen d'Enseignanten am Zesammenhang mat dem Unterrecht am Kontext vu Méisproochegkeet konfrontéiert sinn</b></p>
<p><b>Déi grouss Heterogenitéit um sproochleche Niveau an de Klasse geréieren</b></p>
<p><b>(RBo1)</b> Ze vill eng grouss Diversitéit, wéi soll een dat an de Grëff kréien?</p>
<p><b>(RDp)</b> Ënnerschiddlech Basen (et gëtt keen „basic knowledge“)</p>
<p><b>(RDp)</b> Heteroclitte Schülerpopulatioun</p>
<p><b>(RBo2)</b> 1. Situation difficile pour l'enseignant(e)</p>
<p><b>(Rao2)</b> Immens Ënnerscheeder tëscht de Kanner (Lien mam Elterenhaus)</p>
<p><b>(RBo6)</b> Däitschcours: aktuell schlechten Niveau, vill Ausdrocksschwieregkeeten, vill Feeler</p>
<p><b>(RDp)</b> Däitsch am Fundamental as zevill wichteg</p>
<p><b>(RBo3)</b> Am Däitsche ginn et lauter verschidden Approchen am Cycle 4 gëtt et kee kohärente Plang, näischt dat openee passt, keen Tronc commun</p>

<b>(RAo3)</b> Festegung vun de Mammesproochen? Kann daat iergendswéi opgefaange ginn? Atelier-Lusophone? → Mir sinn eis bewusst, dass daat eng ongerecht Utopie ass
<b>(RBo1)</b> Grouss Klassen, ze vill verschidde Sproochen, et kann een d’Kanner net op ee Niveau kréien
<b>(RAo1)</b> Modulaire: ëmmer rëm Wäert op de Satzbau a Vocabulaire geluecht, och schwéier well alleng mat 12 Schüler → z. B. Modull 2, an awer 3/4 verschidde Niveauen bei de Schüer
<b>Mangelnd Sproochekenntnisser féieren zu méi Gewalt</b>
<b>(RAo1)</b> Doduerch dass se net schwätze kënnen, drécke se sech anescht aus (stoussen, schloen,...)
<b>Schwieregkeet den Sproochstand vun de Kanner an hirer Éischtsprooch z’ermëttelen</b>
<b>(RAo3)</b> Et ass immens schwiereg, feststellen ob d’Kanner prett si fir eng Alphabetiséierung op Däitsch
<b>Et feelt un offiziellen Tester fir de Sproochstand vun de Kanner am C1 z’ermëttelen</b>
<b>(RAo1)</b> Et existéiere keng offiziell Tester (fir de Sproochstand vun de Kanner am C1 z’ermëttelen)
<b>(RAo6)</b> Den Enseignant weess net ob de Schüler och d’Mammesprooch richteg schwätzt
<b>D’Kanner am C1 sproochlech op d’Ufuerderungen am C2 preparéieren</b>
<b>(RBo2)</b> Oft ginn et logopädesch Problemer, déi d’Kanner mat hirer Familjensprooch hunn. Eng ganz Rei Kanner hu guer keng richteg fix Mammesprooch oder se schwätzen d’Mammesprooch net richteg. Am Cycle 2.1 feelt dann d’Basis fir un enger däitscher Alphabetiséierung deelzehuelen
<b>(RBo3)</b> Émmer méi Kanner déi an den C2.1 kommen an d’Basis net hu fir op Däitsch alphabetiséiert ze ginn
<b>(RAo4)</b> Zykel 2: d’Kanner kënnen ëmmer manner Sprooche wa se an den C2 kommen
<b>(RAp)</b> Wat ass dee beschte Wee fir d’Zilsprooch ze léieren? D’Kanner hunn eng Sproocharmut (si kënnen keng Wiederder méi), och net an hirer éischter Sprooch
<b>Problematik bei der Alphabetisatioun</b>
<b>(RAo4)</b> Alphabetisatioun ass problematesch
<b>Problematik um Niveau vun der Kommunikatioun</b>

<b>(RAo3)</b> A Lëtzebuerg ginn et grouss regional Ennerscheeder. A ville Klassen ass d'L déi gemeinsam Schoulsprooch a villen aneren ass et immens schwéier iwverhaapt daat lëtzebuergesch an d'Klass eran ze kréien
<b>(RCo2)</b> Keng gemeinsam Sprooch (am Ufank)
<b>Verantwortung fir déi eenzel sproochlech Ressourcen vun de Kanner ze valoriséieren</b>
<b>(RCo2)</b> Verantwortung déi eenzel Sproochen ze valoriséieren (Fr. an der Crèche, Mammesprooch doheem)
<b>(RCp)</b> Valorisiatioun vun der L1 + vum Lëtzebuergesch an der Famill + an der Schoul
<b>(RDp)</b> De Mammesproochen vun de Schüler eng Plaz ginn
<b>(RDp)</b> D'Sproochen vun doheem och am Unterricht integréieren. D'Schüler (an hier „Problemer“ an den Sproochen) besser verstoen. D'Schoul soll d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg besser reflektéieren
<b>Op ënnerschiddlech sproochleche Ressourcen vun de Kanner opbauen</b>
<b>(RAp)</b> D'Kanner hunn eng Sproocharmut (si kënnen keng Wierder méi), och net an hirer éischer Sprooch.
<b>(RAp)</b> Och d'Sproocharmut ass (fir hatt) e Problem.
<b>(RAo1)</b> D'Kanner wëssen zum Deel net a wat fir enger Sprooch si schwätzen
<b>(RBo3)</b> D'Kanner schwätzen hir Mammsprooch ëmmer manner gutt, logopedesch Problemer
<b>(RBo1)</b> Emmer och méi Lëtzebuerg déi hier Mammesprooch net beherrschen a logopedesch Problemer hunn. Am Duerschnitt huet een op d'mannst 1 Kand pro Klass dat keng Mammsprooch huet
<b>(RBo3)</b> Kanner déi keng fest Mammsprooch hunn; Méisproochegkeet geet net bei all Kand
<b>(RAo2)</b> Mammesprooch net ëmmer gefestegt (Elterehaus)
<b>(RAo)</b> D'Festegung vun der Mammesprooch vun de Kanner (6 likes)
<b>(RCp)</b> Keng oder eng schlecht gefestegt Mammsprooch
<b>(RCp)</b> Vill Problemer an de Mammesproochen
<b>(RCp)</b> Kompetenzen an der L1 si reduzéiert



<b>(RBp)</b> Di lëtzebuergesch Sprooch ass dacks och net gefestegt. Et gi Bausteng aus verschiddene Sproochen gemëscht, je no Regioun oder der nächster Grenz
<b>(RDo2)</b> Mammesprooch net gutt entwéckelt (Vokabular net genuch entwéckelt) → keen Afloss huet d'Schoul dorop
<b>(RAo5)</b> D'Kanner kënnen hir Mammsprooch net méi
<b>(RBp)</b> Verschidde Kanner wëssen net wat hir Mammesprooch / Pappesprooch / éischt Sprooch ass
<b>(RCo2)</b> Kanner OUNI fest definéiert Mammesprooch
<b>(RBp)</b> De Kanner hir éischt Sprooch ass heiansdo eng Baustell. Wann dës net vun doheem aus gefestegt ass, ka si och net als Basis dénge fir nei Sproochen ze léieren, oder fir Vergläicher mat neie Sproochen ze zéien. Eng beherrschte Basis ass extrem wichteg als Ausgangspunkt fir weider Sproochen ze léieren
<b>(RABo1)</b> D'Mammesprooch ass net gefestegt, schwéier eng aner Sprooch ze léieren
<b>(RBo4)</b> D'Mammesprooch misst als éischt richteg funktionéieren ier eng aner Sprooch dobäi kennt. Kanner bréngen Sproochen duercherneen, a si schwätzen alles gemëscht ouni et ze mierken
<b>Den Emgang mat de Feeler vun de Schüler</b>
<b>(RCo1)</b> Schwieregkeeten z.B. am Däitschen, déi mir als Fehler gesinn, sinn aus der Siicht vun de Kanner awer Versich eng Regel aus enger anerer Sprooch am Däitschen unzewenden (dat gëllt fir all Sproochen)
<b>D'Schüler fir d'Sproochen ze léieren motivéieren</b>
<b>Verschidde Schüler feelt d'Motivatioun fir eng Sprooch ze léieren</b>
<b>(RCp)</b> kee Besoin → wéineg Interessi
<b>(RCp)</b> Blockaden „Angscht virun enger Sprooch“
<b>(RCo2)</b> Frustratioun säitens vun de Kanner am Emgang mat de Sproochen (Kanner kréie sech net matgedeelt)
<b>Et ass schwéier d'Kanner fir d'Sproocheléieren ze begeeschten</b>
<b>(RAp)</b> D'Participante stellt sech d'Fro, wéi een de lëtzebuergesch Kanner d'Franséisch besser vermëttele kann
<b>(RBp)</b> Et ass um Niveau vum Fundamental schwéier de Kanner ze erklären wéi Grammaire funktionéiert, bzw. firwat hir Satzstruktur an enger Sprooch richteg ass, mee an der anerer net

<b>Mangelnd Motivatioun: Méiglech Uersaachen/Erklärungen → beim Schüler</b>
<b>(RAo6)</b> Wann eng Sprooch wichteg ass fir sech z'integréieren, da sinn d'Kanner méi motivéiert fir déi ze léieren, manner bei de Kanner déi schonn eng Landessprooch kënnen an schonn hei liewen, do ass oft d'Motivatioun fir lëtzt. ze léieren net esou grouss
<b>(RBp)</b> Wéinst dese regionalen Preferenzen, soen d'Kanner öfters vun enger neier Sprooch, si géifen dës „haassen“. Dës staark Émotioun ass oft schonns am 5. Schouljoer déif verankert, a mécht weider Aarbescht an dëser Sprooch schwierig
<b>(RCo4)</b> Am Süden vum Land gëtt d'Méisproochegkeet méi gefërdert wéi am Rescht vum Land
<b>(RBo1)</b> D'Sproochastellung am Lycée ass och negativ, d'Schüler fannen dat net gudd, ëmmer rëm d'Sprooch mussen ze wiesselen
<b>(RAp)</b> Et feelt eng Culture de l'effort. Natierlech verlaangt d'Léiere vun de Sproochen vill Effort, awer et kann net ëmmer a Richtung vum Nivellement vers le bas goen
<b>(RAo2)</b> Motivatioun gëtt geholl duerch ze vill Drock op d'Kanner
<b>(RBo5)</b> C1: Lëtzebuergesch: kann éischt Sprooch, zweet Sprooch oder Friemsprooch sinn. D'Kanner gesinn éischter den Notze Lëtzebuergesch ze léieren fir mat de Kollegegen ze spillen, ze kommunizéieren. D'Motivatioun ass eng aner wéi am C2-4
<b>(RAo1)</b> De Problem dee sech stellt ass, dass e puer Kanner de Sënn net dra gesinn fir Lëtzebuergesch ze léieren, well si mat hirer Sprooch mat aanere Kanner schwätze kennen
<b>(RAp)</b> De gesellschaftleche Phenomen gesäit een awer och bei de lëtzebuenger Studenten. Si hunn och am Ausland op der Uni d'Tendenz fir ënnert sech ze bleiwen an de Kontakt mat Aneren éischter manner ze sichen
<b>(RAp)</b> De Problem gëtt et awer och mat den Expats oder de Frontalieren, déi den Échange mat der Gesellschaft net sichen. D'Leitmotiv hei zu Lëtzebuerg ass oft: Ech ka jo Franséisch, vir wat soll ech da nach Lëtzebuergesch léieren?
<b>Mangelnd Motivatioun: Méiglech Erklärungen bzw. Selbstkritik → schoulintern Erklärungen</b>
<b>(RCp)</b> Df. od. Fr. Keng Friemsprooch am Secondaire
<b>(RBo2)</b> Il est difficile de changer la vue de certain(e)s enseignant(e)s
<b>(RCp)</b> 100% Frontalunterricht ass eng Katastroph
<b>(RBo2)</b> La nouvelle méthode pour l'apprentissage du français est intéressante, mais pas appliquée par tout le monde
<b>(RBo6)</b> Sproochen oft technesch geléiert, net uwendbar op Kommunikationsniveau
<b>(RBo6)</b> Däitschniveau net gutt

<p><b>(RBo6)</b> Schwierig zu Letzebuerg wéinst den 3 Sproochen: Däitsch gëtt net genuch gefördert, well ëmmer méi oft déi falsch Meenung virherrscht, datt een dat zu Letzebuerg scho kann! Ab der Crèche fänkt et un: Franséisch ass dominant, wat heescht, datt Lëtzebuergesch an Däitsch vun Ufank un ze kuerz kommen, wat allerdéngs och vun de Regiounen ofhängt</p>
<p><b>Méi einfach mat wéineg Kanner</b></p>
<p><b>(RBo3)</b> Wann d’Klasse mi grouss sinn, ass et méi schwéier op d’Kanner anzegoen</p>
<p><b>(RAo6)</b> Groussen Ënnerscheid tëschent de Schoulen, et hänkt vill dervun of, wéi vill Kanner lëtzebuergesch doheem schwätzen</p>
<p><b>(RAo6)</b> An Däitschland héieren d’Flüchtlingen Dag an Nuecht Däitsch an da si si gutt am Däitschen. Zu Lëtzebuerg héiere se ze wéineg Lëtzebuergesch.</p>
<p><b>Sprooch léiere mécht net genuch Spaass</b></p>
<p><b>(RCp)</b> Grammairesexercicer, déi näischt mat der Liewenswelt vun de Kanner ze dinn hunn, verdierwen de Spaass</p>
<p><b>Sprooch net lieweg genuch</b></p>
<p><b>(RCp)</b> Sprooch ass an der Schoul net lieweg genuch</p>
<p><b>(RCp)</b> D’Kanner liewen d’Sprooch net</p>
<p><b>Dominanz vun der Schrëftsprooch an héisch Uspréich un Korrektheet</b></p>
<p><b>(RBp)</b> Mir kommen aus enger traditioneller Dominanz vun der Schrëftsprooch. Dëst belaascht didaktesch och, well am Schrëftlechen schonn alles vu vir eran soll perfekt sinn. Et muss een awer kënnen op Feeler opbauen</p>
<p><b>(RDp)</b> D’Sproochespréich vun der Schoul entsprechen net den Uspréich um Aarbechtsmarché</p>
<p><b>Plaz vun de Familljesproochen an der Schoul</b></p>
<p><b>(RAo2)</b> Familljesprooch ëmmer méi niewesächlech, wat d’Cycle méi héich ginn</p>
<p><b>(RAo2)</b> An der Klass am Kuer selwer net méi vill Plaz fir d’Familljesprooch (D,F, L, E Prioritéit jee no deem wéi e Fach et ass). An der Paus huet se oft méi en grouse Stellwäert</p>
<p><b>COVID-Masken</b></p>
<p><b>(RAo2)</b> Problemer duerch Masken (Covid) → Verständnisproblemer</p>
<p><b>Sozialkompetenzen fërderen</b></p>
<p><b>De Mangel u Sproochkompetenzen bei de Kanner erschweiert d’Fërderen vun Sozialkompetenzen</b></p>

<b>(RCo5)</b> Sozialkompetenzen sinn net do an kënne schlecht gefërdert ginn, well d'Kanner sech géigesäitig net verstinn, dat féiert zu Frustratiounen
<b>Vermëttelen vun Message an Inhalter</b>
<b>(RCo5)</b> Et hëllt vill Zäit an Usproch, alles nach a méi Sproochen z'erzielen
<b>(RCo1)</b> Cycle 1: schwierig Gruppenaktivitéiten duerchzeféieren, well d'Personal op Grond vun der Sprochdiversitéit net verstane gëtt
<b>(RCo5)</b> Et kënnt net all Message/Inhalt bei Jidderengem un
<b>(RCo6)</b> Däitsch ass d'Sproch vum Cours. Awer keng Sproch gëtt richteg beherrscht an esou ass et schwierig fir matzedeelen, wat gemaach soll ginn a wat erwaart gëtt. Basis ass do, awer Komplex Themaë si schwéier ze vermëttelen oder fir si, d'Schüler, ze verstoen. Am Cycle 4 gëtt et méi schwéier fir Themaën ze verdéiwen. Faassen domadder sproochlech kaum Fouss. Et ass e jongléieren téschend deene verschiddeenen Niveauen. Wann een de Schüler eppes Neies erzielt oder erkläert versti se oft net wat e wëll soen. De Problem sinn déi technesch Begrëffer mat deene se oft näischt kennen ufänken. Do geet et dnn drëms fir dat Ganz z'ëmschreiwen an hire Wieder oder Schüler aus der Klass erklären et deenen aneren a hirer Sproch oder ech probéieren et op franséisch. Verlaangt gëtt eng Méisproochegkeet, déi praktesch awer oft eng Barrière gëtt
<b>Fro no der Kommunikatiounssprooch am Alldag</b>
<b>(RDo1)</b> Wat ass d'lingua franca? Op wéi eng Sprooch eegene mir eis fir am schouleschen Alldag ze kommunizéieren?
<b>(RDo1)</b> D'Enseignante fille sech an enger sproochlecher Switch-Situatioun. Mussen dacks a séier téscht de Sprooch switchen
<b>(RCo1)</b> Wéi eng Sprooch gëtt effektiv am Unterricht geschwat/geléiert?
<b>Enseignanten maachen sech Gedanken iwwert d'Sproochen déi am Unterrécht geschwat ginn</b>
<b>(RDp)</b> Wat ass eigentlech eng Bildungssprooch?
<b>(RBp)</b> Bei de Langues Véhiculaires an dem Kontext vun de „net Sprooch“ Cours, ass et esou, dass a Réalitéit oft eng Stonn net ka komplett an enger Sprooch gehale ginn. D'Schüler verléiere soss de Fuedem. A Realitéit, mussen d'Enseignanten op Lëtzebuergesch, oder op eng aner Sprooch zrëckgräifen fir Saachen oder Konzepter z'erklären, opwuel d'Schüler eigentlech missten den sproochleche Niveau hunn fir de Cours ze verfollegen
<b>(RCp)</b> Zevill Lux. am D + Fr-Unterrecht
<b>(RCp)</b> Primo Arrivants → wat se méi spéit ukommen, ëmsou méi komplex
<b>(RBp)</b> Soll een, wann een op sproochlech Immersioun setzt, fir de Kanner hire sproochleche Retard opzeschaffen, a Kaf huelen, dass d'Kand iwwert länger Zäit Retard en engem Fach kritt,

<p>wou et an senger éischer Sprooch keng Schwieregkeeten hätt? Wéi geet een do mat dem sproochleche a mat dem fachleche Retard ëm?</p>
<p><b>(RBo6)</b> Thematik vun de Classes d'Accueil an de Lyceen ass beschwat ginn. Kanner, dei doheem e franséischen Background hunn, hunn oft net esouvill Problemer. Bei verschiddene Schüler ass de Sprochenniveau immes schwach an esou verlagert dei Problematik sech och an aner Fächer wéinst der Langue véhiculaire. Do misst e Statement gesaat ginn, datt zum Beispill e Schüler soll Zougang zu den Sciencen hunn ouni d'Sprooch als Barriere ze hunn</p>
<p><b>(RAo1)</b> Classe d'accueil → iwwerall ubidden</p>
<p><b>(RBo1)</b> D'Sproochastellung am Lycée ass och négativ, d'Schüler fannen dat net gudd, ëmmer rëm d'Sprooch mussen ze wiesselen</p>
<p><b>(RAp)</b> Zu senger Zäit an der Schoul, gouf et d'Méiglechkeet fir als Friemsproochler d'Niewefächer op Italienesch oder Portugisesch gehalen ze kréien. Dat war u sech eng gutt Saachen, ma huet awer fir Ghettoïsatioun gesuergt</p>
<p><b>Codeswitching an Codemixing an der Schoul</b></p>
<p><b>(RBp)</b> 3 Kaape Problem: Kanner wëssen dass d'Enseignante all 3 Sproochen beherrschen, a verschiddener mengen am Sproochecours si misste sech net un d'Sprooch halen, déi an der Stonn soll geübt ginn. Si gräifen op déi Sprooch zrëck, déi hinnen am beschte läit, wëll d'Enseignante dës jo verstinn</p>
<p><b>(RAo1)</b> Gemeinsam Sprooch an der Klass bléift d'Lëtzebuergesch, mee ass schwéier, well d'Kanner ënnert eneen automatesch an hier Mammesprooch zeréckfalen</p>
<p><b>(RCp)</b> Sprooche gi vermëscht → Mix</p>
<p><b>(RCp)</b> D'K. di sech schwéier d'Sproochen ze „vergläichen“</p>
<p><b>(RAo6)</b> D'Kanner mixen d'Sproochen, mee et geet awer fir sech ze verstänneschen</p>

## Wéi ee Material fir den méisproochegen Sproochenunterricht an Alphabetiséierung?

<b>(RBp)</b> D'Enseignante sinn net sécher wéi e didaktescht Material si gebrauche sollen. Mammesproochdidaktik? Friemsproochendidaktik?
<b>(RDp)</b> Didaktesch Approche iwwerdenken
<b>(RBp)</b> Material aus dem Ausland, a souguer op Lëtzebuergesch, passt öfters net op d'Besoine. Et ass eng riseg Erausforderung wat de Kanner u Material soll ugebuede ginn
<b>(RCp)</b> Alphabetiséierungsmaterial: oft gëtt et kee richtegt Material
<b>(RAp)</b> Dobäi kennt och, datt oft d'Schoulcomitéen d'Bicher fir déi ganz Schoul bestellen och wann eigentlech all Titulaire selwer entscheede kéint, wéi eng Bicher hie fir säin Unterricht notze wëll. Fir e jonken Enseignant kann dat eng Stäip sinn, ma et féiert awer och dozou, datt een sech net muss entscheiden an einfach dat mécht, wat en anere vir gëtt
<b>(RCp)</b> Et ass virkomm, dass Kanner mat 2 verschidden Alphabetiséierungsmethode geléiert hunn (2 verschidde Bicher)
<b>(RCp)</b> Ganzheetlechkeet vun der Sprooch gëtt net erkannt. Sprooch gëtt iwwerall gefuerdert, net nëmmen am Sproochenunterricht
<b>(RCp)</b> Hei nach ee Problem: wann een transversal schafft, dann op wéi enger Sprooch??
<b>Keng richteg Method fir Kanner déi net dat selwescht Alphabet hunn ewéi mir</b>
<b>(RBo6)</b> Eng aner Problematik ass déi vu Kanner déi net dat nämlech Alphabet hunn ewéi mir. D'Leit aus der Logo soen, datt et am Moment keng richteg Method resp. Didaktik oder Material gëtt fir Kanner ze alphabetiséieren, déi eist Alphabet net kennen
<b>Kritik un der Haltung vun verschiddenen Enseignanten</b>
<b>(RBo2)</b> Aus techneschen Grënn e Grupp vun 3 Leit (Lycée, Script an Logo). De Grupp huet d'Gefill datt vill Enseignanten sech schwéier dinn, al Gewunnechten opzeginn. Och wann nei Ideen an neit Material kennt bleiwe se bei hiren ale Saachen well se Schwierigkeeten hunn, hir Komfortzoon ze verloossen, Angscht virum Neien, virum Wandel dëst aus diverse Grënn: Onsécherheet, eng Aart Bequeemlechkeet. Heiansdo gesinn d'Leit de Sënn vum Neien net an doduerch hunn se keng Motivatioun eppes Neies unzewenden
<b>Allgemeng Remark am Teams:</b>
Dat kéint een och emgedréint gesinn, dass dat wat um Terrain geschitt net méi sou kompatibel mam plan d'études ass ... wuel well den Terrain op d'Realitéit reagéiert?

<b>D'Sproochekenntnisser vun verschidden Enseignanten sinn net genuch ausgeprägt</b>
<b>(RBo2)</b> C'est aussi un défi pour les enseignant(e)s de maîtriser les différentes langues de manière à enseigner correctement
<b>(RDp)</b> Sproocherepertoire vun de Kanner an Enseignanten
<b>(RCo3)</b> Enseignantë missten all Sprooch, déi se enseignéieren, och beherrschen an konsequent benotzen am Cours (net punktuell)
<b>(RAp)</b> Och ass et flagrant, datt ëmmer méi Léierpersounen d'Sproochen net méi gutt beherrschen. Do muss e sech dann och net wonneren, datt d'Kanner d'Sproochen net méi anstänneg léiere kennen
<b>(RBp)</b> Beim Personal selwer gëtt et och zum Deel Sproochen, déi si manner gutt beherrschen oder manner gär bäibréngen
<b>(RBp)</b> Et ass wichteg kënnen op d'éischt Sprooch kënne zrëck ze gräifen an didaktesch ze kontrastéieren. Dëst ass awer och schwiereg, well d'Enseignanten dem Kand seng Sprooch net onbedéngt beherrschen
<b>(RBo2)</b> Le sentiment pour une langue n'est pas vraiment enseigné. La communication (de par notre expérience en tant que parents) est peu mise en place. L'écrit prend encore la plus grande partie
<b>(RDoB)</b> D'Enseignanten hunn genau wéi d'Schüler eng Sprooch déi se besser beherrschen wéi eng aner
<b>Mangelnd Differenziatioun</b>
<b>(RBp)</b> Am Moment gëtt e kengem Kand gerecht, well een e Mëttelwee versicht anzeschloen, woubäi sproochlech staark Kanner ënnerfuerdert ginn, a sproochlech schwach Kanner iwwerfuerdert ginn. Aus dem Mëttelwee kënnt Mëttelméissegkeet
<b>(RCp)</b> Moosnamen am General Cb/Ca??; Mangelnde inhaltliche Differenzéierung, Cb/Ca lediglech eine Differenzierung in der Bewertung
<b>Problemer ausserhalb vun der Schoul: Problemer duerch d'sproochlecht Emfeld vum Kand ausserhalb vun der Schoul</b>
<b>Kommunikatioun mat verschiddenen Elteren duerch d'Sprooch schwiereg</b>
<b>(RCp)</b> Eltere verstinn net ëmmer alles z. B. Hausaufgaben
<b>(RCp)</b> Kommunikatioun ass schwiereg mat den Elteren, déi d., fr., lux. schwätzen

<p><b>Mangel un Opklärung iwwert den méisproochegen Sproochenerwerb an der Wichtigkeet vun de Sproochen an eisem Schoulsystem bei den Elteren</b></p>
<p><b>(RCp)</b> Organisatioun vun de Sproochen am Ëmfeld vum Kand</p>
<p><b>(RBp)</b> D'Leit sinn sech oft net bewosst wéi si als méisproocheg Famill kënnen funktionéieren, de Bilan 30 ass schonn ze spéit fir dem Kand seng sproochlech Problemer z'adresséieren.</p>
<p><b>(RCp)</b> Elteren:</p> <ul style="list-style-type: none"> <li>• Schoulfriem/Bildungsfern</li> <li>• Kennen d'Schoulsprooch net</li> <li>• Schwätzen Sprooch net richtig, keng fest Basis vun Syntax Grammatik</li> <li>• Si wëllen Drock maachen</li> <li>• Sproochenswitchen ass ee Problem wann et net vum Kand gewollt ass (code-switching)</li> <li>• Switchen just gutt wann een gezielt an individuell an heiansdo gebraucht get</li> <li>• Am Kuer ze vermëschen ass och eng Source vun Inegalitéit (wat denkt sech ee Schüler</li> <li>• Et feelt un Opklärung bei den Elteren: wéini léiert een eng Sprooch, bilan mat 3 Joer ass facultativ (60% vun den Elteren gin net) ganz vill gin net, an oft net déi wou Problemer sinn.</li> </ul>
<p><b>D'Wichtigkeet vun der Sprooch fir d'Léierprozesser ze steieren, Bildungsweer opman, gëtt net vun bildungsfernen Elteren erkannt.</b></p>
<p><b>(RCp)</b> Elteren: Wisou muss mäi Kand d./fr. léieren?</p>
<p><b>(RBo4)</b> Nierwenfächer ginn op zb Portugiesesch gema fier dei ze ennerstetzen. Vill Elteren wellen awer dass d'Kanner dei Sprooch leieren dei an da schoul geschwaart gett. (dt /fr)</p>
<p><b>Schwiergkeeten vun den Elteren fir hirt Kand bei schouleschen Aufgaben z'ënnerstetzen</b></p>
<p><b>(RBo2)</b> Perspective des parents:</p> <ul style="list-style-type: none"> <li>• Difficile également, apprendre avec ses enfants devient difficile dans de nombreuses matières (allemand, luxembourgeois, français, etc.). Certes chaque défi est aussi une chance, mais l'effort à fournir peut sembler parfois trop important</li> </ul>
<p><b>Hürden fir en sproochlech förderlecht Ëmfeld fir d' Kanner ze schafen - Wéi eng Problematiken hunn d'Enseignanten identifizéiert?</b></p>
<p><b>Wéineg Kontakt mat der Lëtzebuerger Sprooch</b></p>
<p><b>(RAo5)</b> Schwierig d'Lëtzebuergesch ze förderen, wa vill net lëtzebuergesch-sproocheg Kanner an enger Schoul/Klass sinn</p>



<b>Retard ass grouss, dofir misst de Kanner méi Zäit gelooss gi fir déi lëtzebuergesch Sprooch ze léieren</b>
(RAo1) D’Kanner héiere just nach vun der Joffer Lëtzebuergesch
(RD05) Ces langues (Referenz op Bildungssproochen) sont généralement des langues totalement étrangères pour les enfants.
(RAo4) Bei Kanner mat wéineg Sproochgefill, wou d’Elteren net vill mat hinne schwätzen, ass Däitsch méi Letzebuergesch wéi Däitsch
(RAo6) An Däitschland héieren d’Flüchtlingen Dag an Nuecht däitsch an dann sinn si gutt am däitschen. Zu Letzebuerg héieren se ze wéineg letzebuergesch
(RAo2) Sproochlesch Startschwieregkeeten fir Kanner, déi net am Précoce waren. Des Kanner kennen oft kaum Lëtzebuergesch schwätzen.
<b>Zevill Sproochen mateneen</b>
(RAo5) Kauderwelsch – keng Sprooch gëtt méi richteg geschwat
<b>Iwwerfuerderung fir d’Kand duerch en onsystematesche Kontakt mat ze ville Sproochen vu klengem un</b>
(RAo1) Franséichsproocheg Crèche → „mit Vorsicht zu genießen“ (z.B. Doheem hir Mammesprooch (net gefestegt), dann an der Crèche kennt Franséich dobäi, am C1 dann Lëtzebuergesch, an am C2 Däitsch → wéi soll dat goen?
(RAo4) Problem: Sprooch vun doheem gëtt net an der Schoul geschwat
(RAo4) Problem Codemixing
<b>Wéineg Virbereedung op déi verschidden Sproochwiesselen</b>
(RAo4) Wéineg Virbereedung (op de Sproochwiessel vum C1 an den C2)
(RAo4) Wéineg Kontakt mam Däitschen am C1
(RAo5) Wéi ginn d’Kanner drop virbereet? (Sproochwiessel C1 an den C2) <ul style="list-style-type: none"> <li>• Op spilleresch Manéier</li> <li>• Mëndlech</li> </ul>
<b>D’Eischtsprooch gëtt doheem net genuch gefërdert éiert d’Kanner an den Précoce/C1 kommen</b>
(RB01) Beherrschen d’Elteren déi Sprooch déi se mat hiere Kanner schwätzen? D’Mammesprooch soll gefestegt ginn, éier eng aner Sprooch an Ugrëff geholl gët. Deelweis schon dräi Sprooche bei Précocekanner, well d’Mamm an de Papp eng aner Sprooch schwätzen

<p><b>(RAo6)</b> En anere Problem ass wa vill Sproochen doheem geschwat ginn an d’Kand ka keng richteg (bis zu 5 Sproochen doheem) D’Kanner kënnen e bëssi vun dem engen a bëssi vun deem aneren</p>
<p><b>(RAo1)</b> D’Mammesprooch sëtzt net, Elteren schwätze mat hire Kanner eng aner Sprooch an net op hirer Mammesprooch, si mengen et gutt, mee si wëssen net wat si domadder uriichten, et gëtt net genuch doheem mat de Kanner geschwat</p>
<p><b>(RAp)</b> Duerch d’Friembetreiung gëtt d’Festegung vun der Éischtsprooch ëmmer méi schwéier.</p>
<p><b>(RAo6)</b> Kanner déi vill an der Maison Relais sinn, hu keng Zäit fir doheem hir Sprooch ze schwätzen</p>
<p><b>(RBp)</b> Hei besteet och e gesellschaftleche Problem. Engersäits kommen d’Kanner mat ganz verschiddene sproochleche Kompetenzen an d’Schoul. Anerersäits, verbrénge si aus verschiddene Grënn vill Zäit a Betreuungsstrukture, wou si vill verschidde Sproochen op ee Schlag héieren, a net genug Zäit mat den Elteren kënnen verbréngen fir hir Basen ze befestegen, a d’Schwätzen üben</p>
<p><b>(RAp)</b> Déi sozio-ekonomesch Situatioun zu Lëtzebuerg mécht et ville Kanner schwéier, hier Familljesprooch anstänneg ze léiere fir dës als Ausgangssprooch fir d’Erléiere vun anere Sprooche kennen ze notzen.</p>
<p><b>(RDo5)</b> Si un enfant en précoce maîtrise sa langue maternelle, il aura plus de facilités à apprendre de façon générale</p>
<p><b>Limitéiert Méiglechkeeten fir d’Sproochen an de Maison Relais ze fërderen</b></p>
<p><b>(RAo6)</b> An der Maison Relais sinn ze vill Kanner pro Grupp. Do kann den Educateur net all Kand zum schwätzen motivéieren, virun allem wéinst de villen Aufgaben déi en Educateur nach muss am Bléck hunn. An der Mëttespaus heem goen wier fir net-Lëtzebuerger schonn vun Virdeel, well en do seng Mammesprooch ka festegen</p>
<p><b>De regionalen Kontext huet en Afloss dorop ob d’Kanner Lëtzebuergesch léieren als relevant empfangen</b></p>
<p><b>(RCo2)</b> Lëtzb. Sproch ass je no regionalem Kontext net relevant fir d’Kanner</p>
<p><b>D’Bildungssproochen passen net bei déi aktuell Schülerschaft</b></p>
<p><b>(RDo3)</b> Déi aktuell Bildungssproochen passen net bei déi aktuell Schülerschaft doduerch dass d’Kanner ëmmer méi Sprooche schwätzen a keng gefestegt ass. Mussen all déi Sproochen wierklech sinn?</p>

**(RDo5)** La participation à ce Colab montre bien que les enseignants ont pris conscience de ce «gap» (Referenz un d' Passung vun de Bildungssproochen op d'Schülerschaft) dans le système d'enseignement luxembourgeois.

Les langues d'enseignement ne sont pas adaptées au public scolaire car de nombreuses nationalités bloquent le processus d'apprentissage.

**Schlechten Afloss vun den (sozialen) Medien op den Sproocherwerb**

**(RAo6)** De Problem ass oft bei Kanner déi vill Zäit virun de Medien sëtzen an net vill mat hinnen geschwat gëtt

**(RAo6)** Den TV ass en Horror. Perséinlech Erfahrung: de Schüler ka fléissend franséisch, mee e fällt am schrëftlechen duerch.

**(RBp)** Heiansdo léieren d'Kanner eng Sprooch och (falsch) duerch d'social media. An deene Fäll mussen déi geléiert Feeler nees „entléiert ginn“ oder verbessert ginn. Et ass problematesch wann d'Sprooch ouni Verständnis um Internet gebraucht oder opgeholl gëtt

**(RCp)** Ze vill engleschen Afloss (You-Tube, ...)

**(RAo1)** Et ass am Moment en Trend do fir ouni Prepositiounen ze schwätzen, am C4 hu si nach gutt Lëtzebuergesch geschwat, an elo: Ech gi Staat, ech ginn lechternach → warscheinlech vum SMSen hir

**(RBo6)** Grousse Problem sinn/bleiwen d'Videospiller (et get gespillt amplaatz geschwat)

## Problemer um Niveau vum Programm a vum System

<b>Eis Programmer an de ganze System sinn net flexibel genuch</b>
<b>(RAp)</b> De Fait, datt déi Schoulen esou e groussen Zoulaf hunn, seet ganz vill iwver d'Problemer am traditionelle System aus
<b>(RDp)</b> Heterogen Schülerschaft → Däitsch ass déi Haapt-Bildungsprooch → a Fro gestallt ob dat déi richteg ass, well se och der Situatioun um Arbechtsmarché net entsprécht wou Englesch an Franséisch méi wichteg sinn
<b>(RDp)</b> Wéi fit soll et wierklech sinn nom Cycle 4?
<b>(RAp)</b> An den International schools sinn d'Programmer vill méi fräi. Eise Plan d'études ass aktuell sou enk
<b>(RCp)</b> Et huet e keng Zait eppes uerdentlech ze festegen éier eppes Neies dobäikënn
<b>(RCp)</b> Zevill Quantitéit (Pfeil erof) Qualitéit (Pfeil schief erof)
<b>(RCp)</b> Schoul = ganz vill schrëftlech, net vill oral
<b>(RAo6)</b> Op 7 <sup>e</sup> , virun allem am ESC ass de schrëftlechen Ausdrock méi wichteg wéi d'Mëndlecht. D'Bicher sinn drop ausgeriicht
<b>(RAo6)</b> Am technicien commerce (TPCM) do spillt dat Schrëftlecht keng grouss Roll méi. D'Ecoute an d'Mëndlecht zielt 48 Punkten an 12 fir dat Schrëftlecht
<b>D'Schüler hunn da keng Orthographie Kompetenzen opgebaut</b>
<b>(RAo6)</b> Op den héije Klasse maache si dat selwecht wéi op den ënneschte Klassen, mee d'Schüler brauche keng Grammaire ze léiere fir weiderzekommen <ul style="list-style-type: none"> <li>• Am Däitsche mussen d'frankophon Klassen vill léieren</li> </ul>
<b>(RAo6)</b> Et misst een eng Sprooch och schreiwe kënnen, net nëmmen dat mëndlecht
<b>(RCp)</b> F: ze fréi Verschrëftlechung → Vermësche mam D

## Perspektiven fir d'Gestioun vun der Méisproochegkeet an eise Schoulen

<b>D'Méisproochegkeet als Atout fir d'Schoul gesinn</b>
<b>Méisproochegkeet ass eng Opportunitéit fir d'Kanner an d'Enseignanten an der Schoul</b>
<b>(RAp)</b> Hien ass der Meenung, datt d'Sproochen eng Opportunitéit si fir d'Kanner a fir d'Enseignanten.
<b>(RAp)</b> Sprooche kënnen genotzt gi fir aner Sproochen ze léieren. Wann déi Sproochen, déi d'Kand mat an d'Schoul bréngt genotzt gi fir de Verglach mat de Sproochen ze maachen, déi et soll léieren, da kann d'Kand den Zougang méi einfach fannen. Et ass méiglech fir Vergläicher tëscht der Familjesprooch an der Schoulsprooch ze maachen. Dat erméiglecht et dem Kand fir d'Gemeinsamkeeten an d'Ënnerscheeder festzustellen an esou d'Sprooche méi einfach ze erléieren
<b>(RDo5)</b> Le multilinguisme est une chance car les enfants sont confrontés à de nombreuses langues dès leur petite enfance. & L'enseignement du français et de l'allemand permet aux enfants de se sensibiliser aux langues.
<b>(RAo3)</b> (D'Sproochlech Diversitéit) Fërdert Interessi un aneren Sproochen, sozial Kompetenzen.
<b>(RAo4)</b> Sproochlech Diversitéit ass eng grouss Beräicherung, kann am Unterricht opgegraff ginn, den Enseignant kann op méi Sproochen erklären <ul style="list-style-type: none"> <li>• Diversitéit erlaabt eis aner Kulturen unzehuelen</li> </ul>
<b>(RAo5)</b> Den Enseignant gëtt ëmmer méi sproochegewandt
<b>(RCo4)</b> Am Süden vum Land gëtt d'Méisproochegkeet méi gefërdert wéi am Rescht vum Land
<b>Recommandatiounen vun den Enseignanten fir den Emgang mat der Méisproochegkeet am Unterrécht</b>
<b>Zu der Haltung vum Enseignant fir dass se fërderlech ass fir d'Méisproochegkeet</b>
<b>(RCp)</b> Kreativ/oppen a gedëlleg sinn
<b>(RCp)</b> Oppe sinn fir Translanguaging
<b>(RCp)</b> Sprooche selwer gären hunn + dat weiden → Virbild
<b>(RCp)</b> Motivatioun ass alles
<b>(RCp)</b> Fake it until you make it

Duerch d'Sproochbildung eng Basis schafen fir sech verstännegen ze kënnen - Kommunikatioun
<b>(RAo5)</b> Sech matenee verstännegen <ul style="list-style-type: none"> <li>• Kloer Kommunikatioun</li> </ul>
<b>(RAo3)</b> Gemeinsam Sprooch fërderen
<b>(RCo5)</b> Kanner motivéieren ënnerenee „just“ lëtzebuergesch ze schwätzen, sou, dass se eng „gemeinsam“ Sprooch hunn, déi se all „verstinn“
<b>(RAo6)</b> Vill Kanner kënnen franséisch, och wann dat net hir 1. Sprooch ass. Vill ënnerschiddlech Sproocher sinn an der Schoul. Franséisch ass net méi déi dominant Sprooch (lingua franca), mee da lëtzt.
<b>(RCo5)</b> (Am Ufank) op d'Mammesprooch vum Kand zreckgräifen fir, dass et dem Kand méi liicht fällt an, dass d'Kand sech wuel fillt <ul style="list-style-type: none"> <li>• Duerno irgendwann haaptsächlech ëmmer lëtzebuergesch mam Kand schwätzen fir méi séier Fortschrëttler ze maachen (och als Virbild)</li> </ul>
<b>(RBp)</b> Mat enger befestegter Éischtsprooch, kann een Sproocher kontrastéieren. Et mécht de Kanner och Spaass fir Grammatesch „Frënn“ ze fannen, eng nei Sprooch spilleresch an duerch Verglach léieren. Andeems eenzel Wieder op de verschiddene Sproocher verglach ginn
<b>(RCp)</b> Sproocher vergläichen → Gemeinsamkeeten, Ënnerscheeder
<b>(RCp)</b> Kontrastéierung vun de Sproocher → Semantik → gr. Strukturen; Sproocher vergläichen fr. → port./sp./ital., D. → lux.; ...
<b>(RAo4)</b> Diversitéit vun de Sproocher: Sproocher vergläichen am Cours
<b>(RAo6)</b> Et gi Brécke gebaut bei den Aktivitéiten, z.B. gëtt gefrot wéi eppes op letz. heescht
<b>(RAo6)</b> Et kann een e Kand froen, wéi heescht dat op Denger Sprooch?
<b>(RAo5)</b> Hängt vum Cycle of (z.B. am Cycle 3 ginn am Franséischen verschidde Wieder an Expressiounen mat der däitscher a lëtzebuergescher Versioun verglach → Phonetik, asw.)
<b>(RCo6)</b> Erklärungen eventuell a verschiddene Sproocher ubidden
<b>(RAo5)</b> Je no Sprooch, kënnen Kanner Primoarrivante ënnert d'Äerm gräifen an deems s'iwwersetzen
<b>(RAo5)</b> Englesch spillt och ëmmer méi eng Roll (Primoarrivant)
<b>(RCo4)</b> Zu all Moment op e Médiateur zeréckgräifen → z.B. Médiateur fir de Kanner eppes z'erklären (Reegelen wat sech gehéiert a wat net; duerch déi ënnerschiddlech Kulturen kennen se verschidde Verhaalensweisen net) → Accueil

<b>(RCo4)</b> Mediatoren hëllef dobäi, Regeln an Kultur ze léieren
<b>(RAo6)</b> Wann den Enseignant d'Sprooch net kann, brauch een e Médiateur bei den Elterege-sprécher
<b>Zum Sproochgebrauch am Unterrécht</b>
<b>(RCo2)</b> Cycle 1: Am Krees just lëtzebuergesch. Am Fräispill di eege Sprooch. Cycle 4: Unterrichtssprooch D / F am Cours systematesch schwätzen (kee Lëtzb.)

## Methodik an Didaktik

<b>Plan d'études</b>
<b>(RBo2)</b> Le curriculum semble être construit de manière spirale
<b>Op schoulescher Ebene</b>
<b>(RCp)</b> e „Roude Fuedem“ (intra- an inter-Cycle)
<b>(RCp)</b> Sproochewochen z.B. semaine française
<b>(RCo4)</b> Appui virun allem an der Sprooch notzen
<b>Op methodescher Ebene an der Klass</b>
<b>(RCp)</b> Sprooch als Kommunikatiounsmëttel
<b>(RAo3)</b> En agraebelt schoulecht Ëmfeld an deem d'Kand sech wuel spiert hëlleft dem Kand sech weider ze entwéckelen
<b>(RCo2)</b> Kanner net zevill korrigéieren, mee positiv bestärken
<b>(RCo2)</b> Cycle 4: E positivt Klima schafen an deem Fehler erlabt sinn
<b>(RAo2)</b> Mammesprooch en valeur setzen (C1)
<b>(RAo1)</b> Mammesproochen vun den Kanner ginn an den Schoulalldag mat integréiert
<b>(RAo1)</b> Kand fillt sech méi wäertgeschätzt an verstane
<b>(RCp)</b> L1 konsequent valoriséieren
<b>(RCp)</b> Kand Code-switching erlaben/fördern

(RCp) Abanne vu sproochleche Ressourcen vum Kand
(RCo1) Projet culturel pour inclure les élèves et leur contexte linguistique
(RAo6) Am ESG an am ESC wier et wichteg wann d'Freed vum Léiere vun enger Friemsprooch weider géing Spaass maachen an d'schrëftlech/grammaire Kompetenzen géifen iwwer aner didaktesch Methoden géingen enseignéiert ginn. Et ass schued wa Franséisch nach d'Funktioon vum „siften“ huet am ESC an d'Schüler keng Freed méi hunn
(RAo3) Projet-Wochen organiséieren zu de verschiddene Sproochen/Länner, kulturell Aktivitéiten wou verschidden Nationalitéiten virgestallt ginn
<b>Allgemeng Methoden</b>
(RAo4) Wichteg fir phonologesch Bewosstheet am C1 ze maachen
(RAo4) Ev. Ritualer mat Lidder op Däitsch oder Franséisch
(RAo5) Kulturell Dänz, Ritualer (an hirer Sprooch z.B. moie soen, gudden Appetit wënschen), e Spill an enger anerer Sprooch spillen, asw.
(RCo1) Lire la même histoire en différentes langues. Les chansons et les gestes
(RCo2) Cycle 1: Kleng Standardsätz anüben (Ritualer, Dagesoflaf) → ëmmer erëm Widderhuelen
(RCo2) An Ritualen schaffen: Lëtzebuergesch am Stullkrees, Franséisch am Haff, ...
(RAo3) Mëndlech/bildlech/natierlech a spillerech
(RAo4) Spiller spillen an verschiddene Sproochen
(RCo5) Appuisklassen, Babelcours (fir d'lëtzebuergesch Sprooch ze féerden) Mat gemeinsam zesumme spillen, Geschichte virlesen (fir d'lëtzebuergesch Sprooch ze féerden)
(RCo2) Bei Net-Verstoen → Réckgrëff op eng aner Sprooch / Biller / Piktogrammer
(RCo4) Vill mat Biller resp. mat Ecoute schaffen → Accueil
(RCo5) Vill mat Biller schaffen (Billerkärtercher)
(RCo6) Et kann e mat Biller schaffen, huet awer seng Limitten vun engem gewëssenen Niveau un
(RCo5) Strategie: Arbecht mat Biller a Pictogrammer
(RDp) Stratégien enseignéieren fir Sproochen ze verstoen (z.B. Projet „Ouverture aux langues“)
(RCp) Virlesen, selwer liesen → Liesgruppen
(RCo3) Liesatelier'en, Virlesen



<b>(RCp)</b> Villes iwwer mëndlech, Theater, Rollespiller
<b>(RAo2)</b> Rollespiller
<b>(RCp)</b> Vill méi Oral ZB Präsentatiounen „Entreprises“
<b>(RCp)</b> Mëndlech Förderung C2.2 + 2.2 → all Woch a kl. Gruppen
<b>(RCp)</b> Genuch Zäit fir dat Mëndlecht
<b>(RCp)</b> Sprooch (er)liewen; Rollespiller, Theater, ...
<b>(RCo2)</b> Cycle 4: <ul style="list-style-type: none"> <li>• Fräi schwätze loossen (Szene spillen, Exposé, ....)</li> <li>• Grammatik isoléiert léieren a vill méi aktiv Sproochanlässe</li> </ul>
<b>(RAo5)</b> Iwwert d’Sangen <ul style="list-style-type: none"> <li>• Erzielen</li> <li>• Virliesen</li> </ul> → alles mëndlech an op spilleresch Art a Weis
<b>(RAo3)</b> differenziéiert Schaffen/DLL (dual language learning)/Atelierën
<b>(RCo5)</b> Méi Differenziéieren
<b>(RCo5)</b> Kanner an homogen Gruppen andeelen
<b>(RCo5)</b> Oft déi ruffen, déi sech méi schwéier doen, resp sech net trauen
<b>(RCo5)</b> Speziell Sproochegruppe maachen
<b>(RCo5)</b> Kleng Gruppe maachen
<b>(RB01)</b> International Primärschoul: cours d’accueil ass zur selwechter Zäit wéi d’Sproochecoursën. Si léiere keng aner Sprooch bis Englesch gefestegt ass. Gëtt a kleng Gruppe geschafft
<b>(RB03)</b> Am Préparatoire: net obligatoresch Bicher, schaffen a Modulen (9), et gëtt ee Programm, deen een awer sielen am Trimester packt; et ginn Dossierë opgesat, an deenen differenziéiert gëtt Am Préparatoire fale se net mat hire Schwächten op, d’Klasse sinn an den Haaptfächer homogen
<b>(RCo4)</b> Integratioun gudd mee heiansdo a ganz kleng Gruppe schaffen → doduerch mussen déi eenzel sech méi abringen a kënnen sech net just op déi aner verloossen wann am grouse Grupp resp. an der Klass geschafft gëtt
<b>(RCo4)</b> Duerch Contingent huet d’Gemeng Leit zur Verfügung gestallt (agestallt) fir deelweis Kanner aus der Klass ze huelen a mat hinnen verschidde Saachen opzeschaffen → C1
<b>(RCo3)</b> sproochlech heterogen Léiergruppen

<b>(RCo3)</b> Differenzéierungsmaßnahmen, déi speziell op d'Sprooch ausgeriicht sinn (Zousatzinformatiounen, Vokabellëschten, Biller, Erklärvideo'en (a verschidde Sproochen) ... z.B. fir Schüler, déi Verständnisproblemer hunn)
<b>(RCp)</b> Scaffolding
<b>(RCp)</b> Struktur, Hëllef, Scaffolding, z.B. SIMS
<b>(RAo1)</b> SimS
<b>(RCp)</b> Net alles mateneen (Regelen virun Ausnahmen)
<b>(RCp)</b> Sprooch upassen; vereinfachen
<b>(RAo3)</b> Materialien verwennen, Aufgaben/Aktivitéiten wou Kanner sech ënnert eneen ënnerstëtzen
<b>(RAo3)</b> Meescht Klassen schaffen mat SILA, DLL an mat änleche Konzepter
<b>(RAo6)</b> Kanner brauchen motivant Exercicer an Ziler fir d'Sprooch wëlle richteg ze schreiwen.
<b>(RAo3)</b> Et ass gutt dass dësen Thema zur Diskussioun gëtt a present gëtt
<b>(RAo4)</b> Wichtig fir Zougang vum Däitschen ze kréien zb duerch TV, Tablet op Däitsch, erlabt eng Identifikatioun mat der Sprooch
<b>(RCo1)</b> Ipad et applications: utilisation d'images pour renforcer la compréhension des élèves Powerpoint en deux langues par exemple
<b>(RAo4)</b> däitsch bzw franséichen TV kucken (fir den Zougang zu de Sproochen ze férdere)
<b>Virbereedung vum Sproochwiessel vum C1 an den C2</b>
<b>(RAo1)</b> Basicsätz/Wieder opsoen, widderhuelen („Géi deng Schéier sichen.“ „Däerf ech op Toilette?“) → C1: Satzstruktur ëmmer d'selwecht
<b>(RAo2)</b> (Fir den Sproochwiessel C1 an den C2 virzubereeden) Kleng Wieder liesen, Buschtawen erkennen, spilleresch léieren
<b>(RAo1)</b> SILA – Programm fir de Sproochwiessel vum C1 an de C2 virzubereeden
<b>(RAo3)</b> Déi meescht Klasse schaffen an Atelierën mat konkretem Material wéi z.B. SILA oder/an eegenem Material.
<b>(RCp)</b> Besch Methode schéngt déi mat de Silben ze sinn
<b>(RCp)</b> E roude Fuedem hunn → e Material → 1 Method!

<b>(RAo3)</b> Am Alldag stellen d'Enseignanten fest ob d'Kanner sproochlech prett sinn. Deen affektiven/emotionalen Impakt vun der Sprooch ass e wichtege Indiz undeem ee feststellt ob d'Kanner prett fir den C2 sinn. D'Bilanzsäiten ginn och genotzt fir de Point ze maachen.
<b>Méi e fléissenden Iwwergang fir vum C1 an den C2 / Sproochwiessel präparéieren</b>
<b>(RAo5)</b> Iwwergang vum Cycle 1 an de Cycle 2 méi fléissend
<b>(RAo1)</b> D'Mammesprooch soll gefestegt sinn (fir dass d'Kanner prett si fir eng Alphabetiséierung an enger Zweet(Drëtt)-sprooch)
<b>(RAo1)</b> Eng gewësse Kenntnis vum phonologesche Bewosstsinn (fir dass d'Kanner prett si fir eng Alphabetiséierung an enger Zweet(Drëtt)-sprooch)
<b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wësch: auditiv Wahrnehmung
<b>Gesellschaftsspiller</b>
<b>(RCo1)</b> Recours aux pictogrammes, jeux de société (cycle 1, 2, lycée cycle inférieur)
<b>Excursions linguistiques</b>
<b>(RCo1)</b> Excursions linguistiques.
<b>(RCo3)</b> e.a. och außerschoulesch Geleegeheeten (sortie pédagogique) ubidden
<b>Interessen vun de Kanner mat abezéien</b>
<b>(RCo1)</b> S'orienter aux intérêts des élèves (loisirs, films, séries, famille...)
<b>Lernen durch Lehren</b>
<b>(RCo3)</b> an héige Klassen: Lernen durch Lehren
<b>(RCo3)</b> vill Übungen am Cours (inverted classroom-System an héige Klassen)

## Ressourcen

<b>Materiell Ressourcen notzen</b>
<b>(RBo4)</b> Salut, c'est magic – méi auditiv ausgeluecht – production oral
<b>(RBo3)</b> Neie franséische Programm ass méi flott, méi interessant, méi kandgerecht a spilleresch
<b>(RBo3)</b> Dee Programm vun haut ass méi flott, méi spilleresch
<b>(RBo3)</b> Neie Programm am C3 am F ass gutt
<b>(RBo5)</b> C2-4: Beréierungsängschte mam Franséische sinn zréck gaangen, well vill aner frankophon Kanner an der Klass sinn
<b>(RAo6)</b> Perséinlech Erfahrung: Kand aus dem cycle 2 versteet a kann zimlech vill Vocabulaire schonn benotzen op franséisch. D'Kanner am cycle 2 maachen et gär, d'Kanner hunn net méi esou vill Angscht wéi virdrun am Franséischen. Vill bleift gefestegt, wat een virun e puer Méint mat de Kanner geléiert huet
<b>(RCp)</b> Vill Material notzen!; Net nëmmen mam Schoulbuch schaffen
<b>(RCo3)</b> Vill Asaatz vun Dictionnairen, kann natierlech och online geschéien
<b>(RCp)</b> Material: gutt Material ännert ëmmer well d'Schüler änneren
<b>(RCp)</b> Billerbicher sinn immens wichteg als Material: grouss Motivatioun bei de Kanner
<b>Eng Kéier vierliesen, mat konkretem Material dobaileen a sie spillen dat no</b>
<b>(RCp)</b> Nei Medien notzen fir ze differenzéieren
<b>(RCo3)</b> Zousätzlech Erklärvideo'en zur Verfügung stellen (hei kënnen d'Schüler d'Erklärungen sou oft lauschten, wéi se wëllen, an och pausen) (z.B. sofatutor)
<b>Erfahrung vun de Kollegen notzen</b>
<b>(RCp)</b> Sech hëllefem loossen → vun Erfahrung profitéieren
<b>Elterearbecht</b>
<b>(RCp)</b> Mediateuren ruffen
<b>(RCp)</b> Eltereworkshops zesumme mam Léierpersonal
<b>(RCp)</b> Intensiivt Elteregespréich iwwert Sproochgebrauch

## Erwaardungen an Léisungsvirschléi

<b>Wéi eng Wënsch hunn d'Participanten geäussert ?</b>
<b>Wonsch no Chancegläichheet fir all Kand</b>
<b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wënsch: Chancegläichheet fir all Kand
<b>(RBp)</b> Et geet heibäi em Chancegläichheet. Et soll all Kand ugepasste Méiglechkeete hunn ze léieren
<b>(RAp)</b> Hatt wënscht sech méi Gerechtegkeet an de Sproochen, esou datt jiddereen déi selwecht Méiglechkeeten huet, egal mat wéi engem Hannergrond
<b>(RDo5)</b> Les langues ne doivent pas être un facteur d'échec pour les études secondaires
<b>(RDo5)</b> Une langue ne doit aucunement être un frein à l'évolution d'un élève dans le système scolaire!
<b>En Emdenken am Enseignement vun de Sproochen (fir der Méisproochegkeet méi gerecht ze ginn)</b>
<b>(RBo4)</b> Emdenken – well ganz vill méisproocheg Kanner an de Klasse sinn
<b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wënsch: Mehrsprachigkeit als Chance
<b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wënsch: d'Erléieren vu Sproochen als Chance an net als Hënnernes gesinn
<b>(RAo4)</b> Däitsch soll als Friemsprooch ugesi ginn, net als <i>supposé connu</i>
<b>Den Usprooch fir an deene verschidde Sproochen nei definéieren</b>
<b>(RAp)</b> Ass et wichteg, alleguer d'Sproochen ze kennen, déi aktuell an der Schoul geléiert ginn, oder geet et duer en Deel dovun gutt ze kennen?
<b>(RAo2)</b> Manner Drock fir an all Sprooch d'selwecht staark ze sinn
<b>(RCo6)</b> Op 1 oder 2 Sproochen konzentréieren
<b>(RDp)</b> Éiert een eng Visioun entwéckelt, soll ee genau definéieren wat d'Kand nom Cycle 4 soll kënnen
<b>(RDp)</b> Eis Haaptressource am Land si Leit a mir bremsen eis eege Jugend aus mat almoudeschen Ufuerderungen un d'Sproochen

<b>D'Méisproochegkeet vun de Kanner definéieren</b>
<b>(RCp)</b> Demande: Méisproochegkeet definéieren: Mammesprooch, Friemsprooch, Standardsprooch, ...
<b>(RAp)</b> Et muss kloer sinn, datt Lëtzebuergesch an Däitsch net dat selwecht ass. Och lëtzebuurger Kanner léieren mam Däitschen eng Friemsprooch och wann si vläicht méi eng Affinitéit fir déi däitsch Sprooch hunn.
<b>De Schüler eng Wielméiglechkeet ginn wat d'Sproochen ugin</b>
<b>(RCo1)</b> Flexibilité: choix individuel de la langue de la part des élèves
<b>(RCo1)</b> Choisir la langue en fonction du public (mais quelle sera l'égalité des chances)
<b>(RDp)</b> Choix vun de Sproochen bei der Alphabetiséierung
<b>Alternativ Wëer fannen fir den Sproochenunterricht</b>
<b>(RD02)</b> Alphabetisatioun op D an F au Choix / an Optiounen bis op 1 <sup>er</sup> ?
<b>(RCo6)</b> Alphabetiséierung vu fir ufänken, Lëtzebuerg a Däitsch e gemeinsamen Nenner fannen.
<b>(RCo3)</b> Vill Kanner kënnen net déi 2 Bildungsproochen gläichermoosse gutt ausbilden → Méiglechkeeten:
<ol style="list-style-type: none"> <li>1. Mir müssen Méiglechkeete fannen, fir déi Kanner „opzefänken“ an hinnen d'Méiglechkeet ginn béid Sproochen gutt ze kënnen, et misst esou sinn, datt fir d'frankophon Kanner Däitsch als Friemsprooch ugebuede gëtt, datt se net vun Ufank un Defiziter hunn (natierlech soll herno op enger 1<sup>er</sup> en änlech héijen Niveau an der zweeter Sprooch erreecht gi wéi an der éischer Sprooch)</li> <li>2. Separat Bildungswëer fannen, z.B. kann een sech virstellen eng germanophon an eng frankophon Alphabetisatioun unzëbieden. Dës kann weidergefouert ginn an engem komplett germanophone/frankophone Bildungswëe. Ergo sollen och Niewefächer an der 1. Bildungsprooch ugebueden ginn. Hei muss um nationale System geschafft ginn an net eng Kopie vum internationale System sinn. Egal wéi misst Lëtzebuergesch um Curriculum stoen. (als Niewefach)</li> <li>3. Optional: Firwat kann een net och iwwer eng lëtzebuergesch Bildungsprooch nodenken? Wou bleift dann de Stewuert vun eiser Mammesprooch? Méisproochegkeet soll och Lëtzebuergesch beinhalten.</li> </ol>
<b>(RCo1)</b> Combien de langues apprendre au cycle fondamental?
<b>(RCo6)</b> Muss een nach zousätzlech franséisch Aktivitéiten maache wa scho sou vill franséisch vun de Kanner an der Klass geschwat gëtt?
<b>(RCo1)</b> S'orienter à d'autres pays (p.ex. les pays nordiques)

<b>Sproochenangebot FR, D, L bäibehalen an iwwer d'Integratioun vun anere Sproochen nodenken</b>
<b>(RDp)</b> Méisproochegkeet soll behale ginn, well dat déi Lëtzebuergesch Gesellschaft auszeechent → FR, D, L → a méi spéit, d'Englescht
<b>(RDo3)</b> Gutt: 3 Sproochen
<b>(RDo1)</b> Eis dräi Amtssproochen (Lëtzebuergesch/Däitsch/Franséisch) musse weider Deel vum Lëtzebuergesche Schoulsystem sinn. Si bilden d'Basis vun der Lëtzebuenger Nationalitéit, a soumat och e wichtege Facteur fir d'Integratioun an d'lëtzebuenger Gesellschaft. D'Léiermaterial muss sech der reeller Sproochsituatioun upassen, sou wéi dem sproochlechem Niveau vun all eenzelem Schüler. Et soll kreativ, villsäiteg an uspriechend ausgeschafft sinn: Vill verschidde Methoden; virun allem d'mëndlech Kompetenze fërderen, d.h. vill Schwätzübungen integréieren; d'Material soll sech op d'Liewenswelt vun de Schüler baséieren.
<b>(RDo2)</b> Et brauch een souwuel Däitsch ewéi och Franséisch fir ze reusséieren am Moment a Lëtzebuergesch ass eise gemeinsame Nenner muss op alle Fall bäibehale ginn.
<b>(RDo3)</b> Déi 3 Sproochen si wichteg, et hänkt awer och vum Bildungsniveau of. Sprooche kommen ze séier openeen. Ergëtt dat däitscht iwwerhaapt nach e Sënn?? Quasi alles leeft op franséisch. Am Osten vum Land ass dat däitscht méi wichteg wéi am Rescht vum Land.
<b>(RCo3)</b> Vill Kanner kënnen net déi 2 Bildungssproochen gläichermoßen gutt ausbilden, mir musse Méiglechkeete fannen, fir déi Kanner „opzefänken“ an hinnen d'Méiglechkeet gi béid Sproochen gutt ze kënnen, et kéint een sech eventuell virstelle fir d'frankophon Kanner Däitsch als Friemsprooch unzebidden, datt se net vun Ufank un Defiziter hunn
<b>(RCo6)</b> Texter fir DAF-Kanner erstellen
<b>(RAp)</b> Niewent Däitsch a Franséisch gëtt och Englesch ëmmer méi wichteg. Et wier un der Zäit ze kucken, wéi och d'Englesch seng Platz an der Schoul ka kréien.
<b>(RBo4)</b> C4 - eruntaaschten un d'Englesch Sprooch (oral)
<b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wënsch: Englesch och schon am Primär?
<b>(RBo3)</b> Englesch?
<b>(RDob)</b> Eng Reflektioun soll gefouert ginn ob Englesch net och eng Bildungssprooch sollt ginn an ob Däitsch nach eng soll bleiwen, well an der Gesellschaft alles op Franséisch leeft
<b>(RDob1)</b> Donieft kritt d'Englescht eng ëmmer méi wichteg Roll, virun allem am Aarbechtswelt an duerch eng wuessend Immigratioun vun Ausländer, déi ausserhalb vun Europa an eist d'Land kommen. (Et kommen net nëmme méi Grenzgänger op Lëtzebuerg, mä och Leit vu méi wäit hir).
<b>(RDo2)</b> Och Englesch als Deel vun de Bildungssproochen?

<b>(RDp)</b> Mandarin, Spuenesch hätten och eng Wichtegkeet an der Welt méi wéi D a F → doriwwer nodenken
<b>(RDo3)</b> Déi aktuell Bildungssproocher passen net bei déi aktuell Schülerschaft doduerch dass d’Kanner ëmmer méi Sproocher schwätzen a keng gefestegt ass. Mussen all déi Sproocher wierklech sinn?
<b>Sech op eng Kommunikatiounssprooch eegenen</b>
<b>(RCp)</b> Propose: 1 Kommunikatiounssprooch? (Well ech?)
<b>(RCo1)</b> Laisser le choix de la langue à tous les élèves?
<b>(RBo2)</b> Respect de la langue maternelle, mais trouver une langue d’intégration, favoriser l’unité, il s’agit le cas échéant de la langue luxembourgeoise
<b>Op de fréien Kontakt mat de Sproochen am Précoce setzen</b>
<b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wënsch: Précoce obligatoresch fir méi een fréien Kontakt mam Lëtzebuergesch fir all Kand Piste: Précoce obligatoresch maachen fir all Kand
<b>(RBo5)</b> Ritualisation des langues en précoce en 4 langues : français, anglais, luxembourgeois et allemand.
<b>(RCp)</b> Propose: Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch an de Foyer & Crèchen Déi lëtzebuergesch Sprooch stäerken Lëtzebuergesch misst als langue véhiculaire bleiwen an ënnerstetzt ginn, och mat engem richtigen, ausgeschaffte Programm: riesege Chantier
<b>(RAo5)</b> Lëtzebuergesch als gemeinsam Sprooch bäibehalen
<b>(RAo1)</b> Basic mussen setzen: an den Alldagsituatiounen mam Lëtzebuergesch eens ginn
<b>(RAo2)</b> Lëtzebuergesch stäerken, als Fach seriöse huelen
<b>(RDo)</b> Lëtzebuergesch als Bildungssprooch → op Lëtzebuergesch alphabetiséieren
<b>(RDo3)</b> Mir fannen dass lëtzt méi eng wichteg Roll misst spillen, d’lëtzt misst vill méi gefestegt ginn. Jo et ass eng Bildungssprooch. Mee spillt leider eng vill ze kleng Roll, well wann ee sech un de Plan d’étude hält huet een net genuch Zäit fir lëtzt. An der Zukunft misst vill méi um lëtzt geschafft ginn. An den ënneschte Cycle wier et besser Niewefächer wieren och op lëtzt. An net op Däitsch, well op lëtzt géingen d’Kanner méi dervun wechdroen.
<b>(RDo3)</b> Niewefächer méi op lëtzebuergesch.



(RAo4) L misst méi gefërdert ginn, net nëmmen fir d'Franséisch an d'L z'iwwersetzen
(RAo4) Opbaue vum Vocabulaire am Lëtzebuergesch soll am C1 bäibehale ginn
(RAo4) Beim Lëtzebuergesch bleiwen am C1 fir eng gutt Basis ze kréien
(RAo4) Geschichten net op Däitsch virlesen, mee op Lëtzebuergesch verzielen
(RAo4) Duerch d'Fërderung vum Lëtzebuergesch kréien a fannen d'Kanner e gemeinsamen Nenner
(RAo5) Niveau nei evaluéieren - d'lëtzebuergesch Sprooch muss gutt beherrscht ginn
(RAo5) An de Crèchen d'Lëtzebuergesch fërderen
<b>E kohärent Konzept fir de Sproochgebrauch an -enseignement an der Schoul formuléieren</b>
(RDp) Eng nei didaktesch Approche am Sproochenenseignement (méi oral, méi differenziert)
(RCo1) Question au spécialiste: comment le mieux enseigner les langues
(RCo2) Waren déi (auslännesch) Spezialiste schonn um Terrain resp. sinn se mat der spezifesch lëtzebuenger Situatioun bekannt?
<b>Dem Thema Méisproochegkeet méi Visibilitéit verschafen</b>
(RAo3) Thema Sproochen-Unterricht/Sprooche-Bildung misst méi visibel present sinn

## Konzept fir Methodologie & Didaktik vun der Méisproochegkeet

<b>Didaktesch Guidelines definéieren am Zesummenhang mam Enseignéieren vun der Méisproochegkeet</b>
(RBo) Erwaardungen/Wësch: Quelle didactique du plurilinguisme?
(RBo) Erwaardungen/Wësch: Comment ne plus opposer les langues, mais créer des synergies?
(RBo) Erwaardungen/Wësch: Nei Impulser Sprooch ze erléieren am C1
(RBo) Erwaardungen/Wësch: Wéi Mammesprooch(en) wertschätzen an matenseignéieren an der Schoul... z. B. fir besser Mathé etc verstoen
(RBo) Erwaardungen/Wësch: Sproochendidaktik am Däitschen (Mila vs. Silbenmethoden)
(RBo) Erwaardungen/Wësch: Anlauttabelle, Silbenmethod, oder...?

(RBo) Erwaardungen/Wënsch: Alphabetiséierung fir Kanner mat Prononciatioun
(RBo) Erwaardungen/Wënsch: Verbesserung an der däitscher Sprooch (den Niveau vun de Schüler huet an de leschte Joren extrem ofgeholl)
(RCp) Et muss ee sech un eng Alphabetiséierungsmethod halen, dozou stoen a se duerchzéien
(RCo5) Den Unterrecht sou ze gestalten, dass jiddereen aktiv matschafft an zu Wuert kënnt
(RAo5) Wéi kënne mer sécherstellen, datt d’Kanner prett si fir eng Alphabetiséierung an enger zweeter (resp. drëtter) Sprooch? <ul style="list-style-type: none"> <li>• Viraussetzung: d’Mammesprooch beherrschen</li> <li>• E Basiswuertschatz an der Sprooch an där alphabetiséiert gëtt, an üben?</li> </ul>
<b>D’Stellung vun der Schrëftsprooch an Schrëftlechkeet par Rapport zur Mëndlechkeet iwwerdenken</b>
(Rdo1) Mëndlech Kompetenz méi fërderen!
(RDo3) Sprooch ass méi wichteg wéi d’Schreiwen. Computer verbessert herno alles.
(RDob) Dat Mëndlecht (compréhension orale an expression orale) misst méi wichteg ginn ewéi dat Schrëftlecht insgesamt
(RBo) Erwaardungen/Wënsch: auditiv Wahrnehmung
(RAo6) Et wier flott wann am Lycée déi mëndlech Kompetenz méi géif gemaach ginn
(RCp) Demande: vill méi Oral
(RCp) Propose: Balance tëschend mëndlech a schrëftlech
(RBo3) Am Ufank méi dat Mëndlecht, dono geet et an d’Schreiwen iwwer
(RBo) Erwaardungen/Wënsch: wéi wichteg ass, dass direkt korrekt geschriwwe gëtt? Wichtigkeet vum „phonetesche“ Schreiwen
(RBo) Erwaardungen/Wënsch: Grammatik a korrekt Kommunikatioun si wichteg, soll awer net iwwerspëtzt ginn
(RAp) Et ass méi wichteg, eng Sprooch kenne ze schwätze wéi se kënne feelerfräi ze schreiwen. Eng besser Différenciatioun (z. B. mat enger dominanter Sprooch au Choix) kéint do e méigleche Wee sinn
(RCp) Propose: vill manner Grammaire (virun allem „Zäiten“) am Fundamental
(RCp) Demande: wéi „wichtig“ ass Grammaire? (Expert)
(RBo3) D’Kand muss léiere: waat ass e Wuert?, wéi bilden ech e Satz?.

<p><b>(RAp)</b> D'Schrëftsprooch ass och wichteg. Si muss awer als éischt gefestegt sinn, éieren eng zweet Schrëftsprooch bäi kennt</p>
<p><b>Translanguaging &amp; Scaffolding</b></p>
<p><b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wënsch: beim Liesen a Schreiwé léieren vun Ufank un 2 oder méi Sproocher vergläichen</p>
<p><b>(RBp)</b> Et kéint een a verschidde Fäll mat engem Kompromëss schaffen: de selwechte Text op zwou Sproocher liesen. De selwechten Text anescht ugoen</p>
<p><b>(RBp)</b> An der Klass soll reegelméisseg Brécke geschloen ginn, tëscht der Sprooch déi geléiert gëtt, an de Kanner hir éischt Sprooch, de Sproocher déi si doheem schwätzen</p>
<p><b>(RBp)</b> Lëtzebuergesch ass déi éischt gemeinsam Sprooch. Dës Sprooch kann also gebraucht ginn fir Brécke ze schloen</p>
<p><b>(RCp)</b> Propose: Kontrastéierung vun de Sproocher</p>
<p><b>(RCp)</b> Ënnerscheed maachen tëscht Vermëschen (mixing) an Code switching ass wichteg</p>
<p><b>Méisproochegkeet an der Klass visuell méi präsent maachen</b></p>
<p><b>(RAo5)</b> Biller vu Mäerecher, Vokabelen asw. a verschidde Sproocher ophänken</p>
<p><b>Fächeriwwegräifend Sproocher léieren</b></p>
<p><b>(RAp)</b> Et muss méi bewusst gemaach ginn, datt Sproocher och an anere Fächer geléiert ginn. Do erginn se oft méi Sënn an d'Kanner hunn en Aha-Erliefnes</p>
<p><b>(RCp)</b> Propose: Fächeriwwegräifend schaffen; Méi fächeriwwegräifend</p>
<p><b>(RBo1)</b> Iwwergräifend Theme behandelen zum Beispill Zuelen/ Auer etc an zwou Sproocher kombinéieren. D'Kanner kënnen dat dann am Alldag asetzen</p>
<p><b>D'Fro no der Langue véhiculaire an net sproochleche Fächer</b></p>
<p><b>(RBo6)</b> Fro fir de Lycée: Misst Mathé dann net op Däitsch an op Franséisch ugebuede gin? Franséisch ass ganz kloer langue véhiculaire; an der Europaschoul get lo een neie Wee probéiert, een „Auffangbecken“ mat ennerschiddleche Sectiounen (germanophon oder frankophon), fir d'Schüler mat de jeweilege sproochleche Schwieregkeeten opzefänken</p>
<p><b>(RBo6)</b> Fro fir Mathé: Wäer et net besser, se op Lëtzebuergesch ze erklären? Well: duebel Schwieregkeet fir lëtzebuergesch Kanner: Mathé verstoen an Franséisch schwätzen</p>
<p><b>(RDo)</b> Wéinstens an den ënneschten Zyklen, d'Niewefächer dee Moment och op Lëtzebuergesch hunn</p>

<p><b>(RBo6)</b> Thematik vun de Classes d'Accueil an de Lyceen ass beschwat ginn. Kanner, déi doheem e franséischen Background hunn, hunn oft net esouvill Problemer. Bei verschiddene Schüler ass de Sproochenniveau immens schwaach an esou verlagert déi Problematik sech och an aner Fächer wéinst der Langue véhiculaire. Do misst e Statement gesat ginn datt zum Beispill e Schüler soll Zougang zu den Sciencen hunn ouni d'Sprooch als Barrière ze hunn</p>
<p><b>(RAp)</b> Och d'Titulairen an der Klass missten méi konsequent d'Sprooch vum Fach respektéieren. Nëmme esou ka séchergestallt ginn, datt Kanner genuch mat de jeeweilege Sproochen a Kontakt kommen fir datt déi Sproochen och gutt integréiert kenne ginn</p>
<p><b>(RBo4)</b> Konsequent bei enger Sprooch bleiwen an net zeréck an Lëtz. oder Fr. falen</p>
<p><b>(RDo)</b> Esou mann ewéi méiglech mat Iwwersetzungen schaffen, well een sech dann net op eng Iwwersetzungssprooch festleeë kann</p>
<p><b>(RCo2)</b> Cycle 4: systematescht Uwendung vun ENGER Sprooch virun allem mëndlech, Grammatik u Spachanlass gebonne vermëttelen</p>
<p><b>Léiere léieren</b></p>
<p><b>(RBo1)</b> Vill Schüler wëssen net méi, wéi ee léiere soll, dat ass vläicht mol e Grondsteen, dee muss geluecht gi fir iwwerhaupt weiderzekommen. Wéi kéint een dat ugoen? Ab wéi engem Alter? Strukturellen Usaz?</p>
<p><b>Sech Zäit huelen, net zevill beieneen</b></p>
<p><b>(RBp)</b> Et kann net sinn, dass eng Sprooch méi Wäert ass wéi di aner. Et sollt ee sech kënnen eng Sprooch eraussichen an der ee wéilt méi wäit goen, sech weiderentwéckelen, et kéint een duerno och eng Sprooch weider huelen. → De Choix vun der Sprooch</p>
<p><b>(RCp)</b> Zäit a Raum fir eng Sprooch gutt ze léieren an awer vill a Kontakt mat villen aneren Sproochen</p>
<p><b>(RAp)</b> Et ass néideg, de Kanner d'Zäit ze ginn, fir hir éischt Sprooch ze festegen, éier si eng weider Sprooch musse léieren</p>
<p><b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wësch: Sproochervielfalt am C1</p>
<p><b>(RAo4)</b> Wichtig dass eng Sprooch gefestegt ass éier een an den C2 geet – Sproochmuster, -struktur soll erkannt sinn</p>
<p><b>Flexibele Stonneplang</b></p>
<p><b>(RCo2)</b> flexibele Stonneplang</p>
<p><b>Déi nei Technologien notzen</b></p>
<p><b>(RDo3)</b> Mat Videoen schaffe fir dass d'Kanner d'Sprooch vu Mammesproochler héieren. Well och mir schwätzen net alles richtig aus</p>

**(RBo5)** Utiliser les médias à l'école et avec les parents (précoce par exemple) pour l'apprentissage des langues (chansons, histoires...) et afin que les parents soient aussi plus dans la vie scolaire de l'enfant!

**(RBo5)** L'utilisation des médias n'est pas idéale dans lycées car il faut sans cesse vérifier qu'ils sont là où ils doivent être

## Den Ëmgang mat der Méisproochegkeet vun de Kanner am Unterrecht

### Méi individuell op d'Besoinen vun de Kanner agoen

**(RBp)** Hei (well déi eng Kanner méi en Talent fir Sproochen hunn an aner Kanner einfach schei sinn) wier e méi individualiséierten Ëmgang mat der Sprooch a mat dem Kand gewënscht

**(RCp)** Net déi leeschtungsstaark Kanner vergiessen

**(RBo)** Erwaardungen/Wënsch: Sproochen am Unterrecht an ausserhalb (Tutorat'en z.B.)  
Et wär enorm wichtig, Schüler mat spezifesch Problemer rauszehuelen a mat hinnen ze schaffen  
Am Cours d'accueil steet éischter d'Sprooch vum Fach am Fokus, an der Logopedie steet éischter d'Lëtzebuergesch am Fokus an d'Mammesprooch geet net weiderentwéckelt

**(RBo)** Erwaardungen/Wënsch: Sproochen am Unterrecht an ausserhalb (Tutorat'en z.B.)

**(RCp)** Méisproochegt phonologesch Bewosstsinn schonn am C1!!

**(RAo4)** Phonologesch Bewosstheet féerden

**(RAp)** Et kéint méi op verschidde Sproochen zeréckgegraff ginn, fir Saache kloer ze maachen an esou d'Méisproochegkeet ze féerden an alle Kanner eng Chance ze ginn, d'Inhalter an der Schoul ze verstoen

**(RAo3)** Appui, DLL an Accueil sinn immens wichtig a misste generell a sou fréi wéi méiglech massiv ugebueden ginn

**(RAo4)** Differenzéieren am Cours

**(RCo5)** Differenzéieren am Cours

**(RAo4)** Evtl. mat Modulle schaffe fir sproochlech ze féerden

<p><b>De Lien maache mat de Familljesprooch vum de Kanner</b></p>
<p><b>(RAp)</b> E Lien mat anere Sprooch maachen an op d’Familljesprooch vum de Kanner agoen ass wichteg. Wann d’Familljesprooch gutt sëtzt, dann ass dat eng gutt Basis fir weider Sproochen ze léieren</p>
<p><b>(RAp)</b> D’Familljesprooch soll zu all Moment an der Schoul eng Platz hunn, net nëmmen am Cycle 1</p>
<p><b>(RCp)</b> Propose: L1 valoriséieren + abezéien</p>
<p><b>(RAo4)</b> Si (d’Familljesproochen) missten eng wichteg Plaz hunn an der Schoul</p>
<p><b>Valoriséierung vum all de Sproochen vum de Kanner soll gefërdert bzw bäibehale ginn</b></p>
<p><b>De Kanner mat hirer Sprooch entgéintkommen</b></p>
<p><b>(RAp)</b> Et wier wëschenswäert, datt d’Enseignantent sech géingen engagéieren och mol eng aner Sprooch ze léieren fir domat de Kanner an der Méisproochegkeet kennen entgéint ze kommen. Och déi lëtzebuerger Kanner kéinten dovu profitéieren.</p>
<p><b>(RBo3)</b> Precoce: sproochlech a kulturell Diversitéit ass ganz wichteg, d’Kanner opfänken do wou se kommen (F, GB, P, S), d’Kanner kënnen an hirer Sprooch schwätzen; Suessem → Enseignante lusophone</p>
<p><b>(RDp)</b> Méisproochegkeet: net nëmme e Bléck op d’Sproocheléieren mä och op d’Representatiounen</p>
<p><b>(RAp)</b> Eng Méiglechkeet d’Sproochen méi an d’Schoul ze bréngen ass et, fir am Cours méisproocheg ze schaffen an duerch de Sproocheverglach d’Léieren vum de Sproochen ze vereinfachen</p>
<p><b>(RBo2)</b> La culture réunit, respect des habitus culturels de chaque individu. La langue ne devrait pas séparer (pas de barrière) les personnes, mais permettre le rapprochement</p>
<p><b>(RBo4)</b> Kanner sollen ënnereneen sech hëllef, an mateneen eng Sprooch schwätzen. (sech op eng Sprooch eenegen)</p>
<p><b>D’Elteren abannen andeems een si freet Geschichten op hirer Eischtsprooch virlesen ze kommen</b></p>
<p><b>(RAo5)</b> Elteren alueden a Geschichten an hirer Mammesprooch virlesen/erziele loossen</p>
<p><b>Wéi eng Unterrichtssprooch?</b></p>
<p><b>(RAo4)</b> Konsequenz ass wichteg an der Sprooch: am C2 soll Däitsch d’Unterrichtssprooch sinn, am C1 soll konsequent Lëtzebuergesch geschwat ginn</p>
<p><b>(RCo5)</b> Entgéintkommen an der Mammesprooch (Enseignant → Kand) am 1. Trimester, ab 2. Trimester ass den Enseignant Virbild fir Lëtzebuergesch ze schwätzen an motivéiert d’Kanner am Fräispill Lëtzebuergesch ze schwätzen</p>

<p><b>(RCo5)</b> Lycée:</p> <ul style="list-style-type: none"> <li>• Niewefächer an enger Wahlsprooch (Franséisch, Däitsch oder Lëtzebuergesch)</li> <li>• Haaptprooch no Wiel, aner Sproochen als Niewefach enseignéiert</li> <li>• EF: 3 Aktivitéiten pro Woch op Franséisch. Wann et vill Frankophoner gött, dann d'Aktivitéit op Däitsch oder Lëtzebuergesch)</li> </ul>
<p><b>Däitsch als Friemsprooch ënnerriichten</b></p>
<p><b>(RAo4)</b> Däitsch misst mam engem Friemsproochenopbau geléiert ginn an net als supposé connu ugesi ginn</p>
<p><b>D'Motivatioun vun de Schüler fir den Sproochenerwerb an -benotzung fërderen</b></p>
<p><b>(RAo)</b> Motivatioun vu Schüler zum Sproocherwerb a -benotzung soll prioritär ginn (2 likes)</p>
<p><b>(RCp)</b> LOSCHT MAACHEN als eenzegt Ziel vun der Schoul. Blockaden, Angscht däerf net entwéckelt ginn</p>
<p><b>(RAp)</b> D'Kanner (an déi Erwuessen) misste kënnen erliewen, datt méi Sproochen ze kennen eppes Cooles ass, eppes wat Sënn mécht</p>
<p><b>(RAp)</b> Fir d'Kanner méi fir d'Sproochen ze begeeschteren an de Sënn vum Erléieren vun de Sproochen ze weisen ass et och wichteg, méi metalinguistesche mat de Kanner ze schaffen. Esou gesinn si, wéi d'Sprooch och en Afloss op d'Kultur huet. Dëst kéint dann och e positiven Impakt op d'Zesummewuessen vun de verschiddenen Communautéiten an der Gesellschaft hunn</p>
<p><b>(RCp)</b> Demande: Schoul muss Loscht maachen op Sproochen ≠ Angscht</p>
<p><b>(RAo4)</b> Spilleresche Kontakt mam Franséischen ass gutt, hëllt Beréierungsängschten ewech</p>
<p><b>(RBp)</b> D'Sënnhaftegkeet muss hannert allem stoen, muss fir d'Enseignante, souwéi fir d'Schüler novollzéibar sinn. Et soll een et guer net zum „haassen“ vun enger Sprooch komme loossen</p>
<p><b>(RBo2)</b> Communication: se comprendre, échanger</p>
<p><b>Methoden, déi de Kanner d'Freed um Sproocheléiere bréngen</b></p>
<p><b>Op d'Kommunikationsfäegkeet setzen fir d'Sproochen ze léieren</b></p>
<p><b>(RBo2)</b> Beaucoup de langues sont enseignées comme des langues mortes en se calquant sur le modèle du latin. Il faudrait les enseigner de manière à être capable de communiquer, d'être citoyen, de s'informer, etc</p>
<p><b>(RAp)</b> D'Méisproochegkeet soll aktiv gelieft ginn an als en Atout an der Schoul an och an der Gesellschaft erlieft ginn. D'Cours intégrés waren mol eng gutt Méiglechkeet, ma haut misst méisproocheg enseignéiert ginn, ouni d'Kanner no Sproochen anzedeelen</p>

<b>(RBo1)</b> Grenziwwerschreidenden Austausch mat Kanner vun hirem Alter. Sou gesi si firwat si d'Sprooch léieren. Praktesch Uwendung vun der Sprooch
<b>(RAo2)</b> Schüleraustausch, fir Sproochen sur place ze léieren
<b>Léieren duerch d'Spill, Sprooch liewen</b>
<b>(RCp)</b> Propose: Méi Raum fir spilleresch Aktivitéiten
<b>(RCp)</b> Propose: Sprooch spilleresch, niewebäi „léieren“
<b>(RCp)</b> Propose: Léieren duerch d'Spill
<b>(RCp)</b> Dee spillereschen Accent net verléieren nom C1, och bei deene „Groussen“, C2-4 de Spaass behalen
<b>(RCp)</b> Propose: Sprooch muss einfach gelieft ginn z. B. Sciences op frans., Theater, etc
<b>(RCp)</b> Propose: Sengen, Musek, Theater, Geschichten erzielen a schreiwen all Dag
<b>(RCp)</b> Demande: Theatercours
<b>(RCp)</b> Demande: Sproochlabo, Bicher, Spiller, ...
<b>(RCo1)</b> Echanger interculturels, pour vivre la langue (échanges, excursions, lettres...)
<b>(RCo3)</b> Loscht un der Sprooch fërderen, Situatiounen schafen (z.B. Bréiffreundschaften ...), wou d'Kanner Loscht kréien d'Sprooch ze léieren
<b>(RCo4)</b> Stage kënnen ze maachen → voie de préparation/secondaire. De Problem dobäi ass awer dass d'Kanner sech e Patron eraussichen deen hier Sprooch schwätzt (e lëtzebuergesch Kand geet bei e lëtzebuergesche Patron, e portugisescht Kand bei e portugisesche Patron, ...)
<b>Verschieden Iddien fir den Zougang zu den Sproochen weider ze fërderen</b>
<b>(RAo5)</b> Zougang zu de Sproochen fërderen duerch: <ul style="list-style-type: none"> <li>• Onlineplattform</li> <li>• Méi Schoulpersonal fir d' Lëtzebuergesch z'ënnerriichten</li> <li>• Méi Schoulpersonal fir d' Inclusioun</li> <li>• Genuch qualifizéiert Personal an de Schoulen (Orthophonisten, Logopeden...)</li> <li>• An de MR an an de Crèchen d'Kanner weiderfërderen</li> </ul>
<b>(RAo5)</b> Konzept international School?
<b>(RAo5)</b> A Module-Schoul halen?



<b>Technologiesch Outilen asetzen fir d'Sproochen ze léieren</b>
<b>(RAp)</b> Et ass wichteg, déi technologiesch Outilen ze notzen fir d'Sproochen ze léieren. Et gétt där esou vill, ma leider ginn se dacks net agesat.
<b>(RDob)</b> D'Medien notzen fir d'Elteren an d'Sproocheléieren vum Kand anzebannen (Beispill Lidder ophuelen, Geschichten)
<b>(RDob)</b> Mat Video schaffen fir dass d'Kanner d'Sprooch vum Mammesproochler héieren An 2 Méint grous Vakanz geet vill verluer. Online Plattform mat lëtzebuergeschen Erzielungen, Spiller, Kommunikatiounsméiglechkeeten ubidden
<b>(RAo5)</b> Zougang zu de Sproochen férdere duerch: <ul style="list-style-type: none"> <li>• Onlineplattform</li> </ul>
<b>Klärungsbedarf/Ënnerstëtzung/Entlaaschtung fir Enseignanten/Kader setzen</b>
<b>(RCo2)</b> Opklärung/Informatioun → den A an O fir weider Sproochen ass déi eege Mammesprooch
<b>(RCo2)</b> Elterenowenter/Elterenopklärung zum Thema
<b>(RCo2)</b> Wat ass d' Erwaardung an d'Schoul?
<b>(RCo2)</b> Wéi wäit wëlle mir am schrëftleche Beräich goen? (en offizielle Kader misst dat festhalen)
<b>Plan d'études</b>
<b>(RDp)</b> Gewiichtung vun de Sproochen am Curriculum iwwerdenken
<b>(RCo2)</b> Plan d'étude: sollt Beispiller enthalen an regional Sproochbedürfnisser beuechten
<b>De Programm iwwerschaffen</b>
<b>(RCp)</b> Propose: Schoulprogrammer upassen, änneren, ...
<b>(RCp)</b> Schoulprogrammer änneren
<b>(RCo3)</b> UERDENTLECH Programmer am Primaire entwéckelen (speziell fir Däitsch)
<b>(RBo2)</b> Le plan d'études devrait peut-être être adapté à l'époque. Une mise à jour peut sembler intéressante, car le monde s'avance de plus en plus vite. Voici quelques questions intéressantes à prendre en compte: Est-ce qu'il est complet? Y a-t-il eu des ajouts? Y a-t-il une continuité avec l'enseignement secondaire? Quelle place donner aux savoirs fondamentaux? Ne faudrait-il pas les assurer? Les plus jeunes apprennent-ils bien à utiliser les informations disponibles sur les différents médias? Y a-t-il un regard extérieur pour l'évaluer par des spécialistes?

<p><b>(RCo2)</b> Inhalter:</p> <ul style="list-style-type: none"> <li>• méi e lieserleche Plan d'études → mat praktesche Beispiller</li> <li>• typesch Situatiounen definéieren</li> <li>• méi e staarke Fokus op Sproochproduktioun (mëndlech a schrëftlech)</li> <li>• lokal/regional Bestandsopname maachen vun Aktivitéiten déi gutt Sproocheléieren erméiglecht hunn → an de Plan d'études afléisse loossen</li> </ul>
<p><b>(RBo2)</b> Est-ce que les programmes sont construits de manière à lier des apprentissages entre les matières? Des associations entre des activités lexicales et le sport seraient par exemple possible</p>
<p><b>(RBo1)</b> E roude Fuedem vum Precoce bis den C.4. Am beschten eppes wat an alle Fächer kéint gréisstendeels agesat ginn</p>
<p><b>(RAo3)</b> Konkret Kompetenzen: Waat ass genee gefrot? Eng inhaltlech Linn. Zumindest d'Erwaardungen sollten konkret an detailléiert preziséiert ginn</p>
<p><b>(RCo2)</b> Strategien/Reegelen</p> <ul style="list-style-type: none"> <li>• Ass d'Ziel vun den anere Fächer (Mathe, Sciences, etc...) fir eng Sprooch ze léieren oder sollen do éischer Fachkompetenze geléiert ginn?</li> </ul>
<p><b>(RBo4)</b> Den Programm ass méi logesch opgebaut am Fr well deen sech duerch den ganzen Fundamental zitt, anescht wei am Däitschen wou dat net ginn ass (mam Mila.) Programm misst iwwerducht ginn.( net méi ugepasst)</p>
<p><b>(RBo5)</b> Am Däitschen passt de Programm net bei de Sprachfuchs, den Iwwergang an de Cyclen passt guer net am Däitschen, de Plan d'Etudes verlaangt e grousst breetgefächert Basiswëssen dat awer net do ass an esou steet dat ganzt vun Ufank un op wackelege Been</p>
<p><b>(RBo1)</b> Plan d'études verschidde Kompetenze feelen, si verschwonnen, et gëtt kee Lien tëscht dem Däitschen an dem Franséischen. Kann een net schonn am Bilan/ Plan d'études a Bicher e Lien maachen sou dass een direkt weess hei lo ass déi Kompetenz geschafft ginn</p>
<p><b>Kompetenzen festleeën fir den C1</b></p>
<p><b>(RAo3)</b> Konkret Kompetenzen festleeën am C1</p>
<p><b>(RAo5)</b> D'Kompetenze méi konkret definéieren</p>
<p><b>(RCo1)</b> Faut-il viser la perfection?</p>
<p><b>(RCo2)</b> Stelle mir hei zu Lëtzebuerg net allgemeng ze héich Erwaardungen un déi gesamt Schülerpopulatioun um Niveau vun dem Sproocheléieren?</p>
<p><b>(RDp)</b> An der VP sinn d'Erwaardungen ze héisch par Rapport zu de Sproochen</p>
<p><b>(RDp)</b> D'Hierarchie vun de Sproochen muss iwwerducht ginn</p>

<b>(RCo1)</b> Niveau an Sproochen? Fir wéi en Publikum ? Systeme trop normatif
<b>(RCo2)</b> Wéi eng Niveaux sollen an den 3 Landessproochen um Enn vum Fundamental beherrscht ginn? → Wat wëll d'Politik?
<b>(RCo2)</b> Bindend Angaben zu A1, A2, B1, ...
<b>(RCo1)</b> Contenu plan d'études: l'ordre chronologique de l'apprentissage des langues (all-fr-ang)
<b>(RCo5)</b> Wat genee d'Kompetenzen bei der Méisproochegkeet solle sinn
<b>(RCo6)</b> Ziel ass jo fir an all Sprooch gutt ze sinn. Wat awer praktesch net méiglech ass. Muss en an all Sprooch e héische Niveau hunn.
<b>Kondenséieren vum Programm fir d'Fundament ze stäerken</b>
<b>(RBo5)</b> D'Fundament, wat am Fundamental opgebaut gëtt ass vläicht ze breet gefächert. D'Grondbasis muss sëtzen, a wann dat net de Fall ass, kommen d'Kanner net virun am Lycée.
<b>(RBo5)</b> D'Basis ass immens wichteg an alle Fächer: Mathé, Däitsch a Franséisch. D'Kanner ginn duerno am Lycée orientéiert.
<b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wënsch: Sproochen „ofspecken“ wéi am Engleschen
<b>(RCp)</b> Demande: Iwwergang EF → ES; C1 → C2 → C3 → C4; Continuitéit
<b>(RAo2)</b> Weniger ist mehr (Programmer reduzéieren a méi kloer Kompetenzen uginn déi wichteg sinn)
<b>(RAo2)</b> Programmer adaptéieren, manner Drock fir d' Schüler
<b>(RCp)</b> Propose: Méi Zäit; manner „Inhalt“ (awer richtig)
<b>(RBo1)</b> Ass de Sproocheprogramm iwwerfëllt am Precoce wann och scho Franséisch mat agebonne muss ginn?
<b>(RCo1)</b> Les programmes sont surchargés – plus de liberté en ce qui concerne les programmes
<b>(RCo2)</b> Manner Ufuerderungen am Schreiwen, méi am Mëndlechen
<b>Méi Flexibilitéit an der Stonneplanggestaltung</b>
<b>(RCo2)</b> Flexibilitéit <ul style="list-style-type: none"> <li>• méi flexibel Stonneplanggestaltung (Cycle 2-4)</li> </ul>

<b>D’Gewiichtung vun de Sproochen</b>
<b>(RDp)</b> D’Gewiichtung vun de Sproochen soll iwuerduecht ginn, net all Sprooch um selwechten Niveau enseignéiert ginn mä d’Kand soll de Choix hunn wéi eng Sprooch méi wichteg fir et soll sinn
<b>(RCo4)</b> Ab engem gewëssenen Alter wann d’Kand déi 3 Sproochen net beherrscht dann sech op eng Sprooch konzentréieren (schrëftlech a mëndlech) an déi aner Sprooch(en) muss een sech wéinstens mëndlech gutt ausdrécken. Ass dee Wee am Géigesaz net kontraproduktiv well d’Kanner dann ëmmer manner maachen resp. Z.B. keng Léier fannen well et keng an der Sprooch gëtt op déi si sech baséiert hunn?
<b>(RCp)</b> Demande: Ev. Verschidde Niveauen a verschidde Sproochen
<b>(RB02)</b> Peut-être est-il intéressant de différencier à différents niveaux. Les apprenant(e)s devraient être capables de comprendre un minimum et s’exprimer dans les trois langues, mais au moins une langue devrait être maîtrisée de manière importante
<b>(RCp)</b> Propose: Just 1 Sprooch méi an d’Déift; Kand = Sproochenexpert a senger Sprooch(en); Et muss een net di 2 Landessproochen perfekt beherrschen
<b>(RCp)</b> Propose: Niveau vun enger Bildungssprooch ganz héich → méi Zäit
<b>(RBp)</b> Et misst dann um Niveau vum Lycée och Preferenz fir „staark Sprooch Franséisch“, a „staark Sprooch Däitsch“ berécksiichtegt ginn
<b>(RCo5)</b> 2 Haaptproochen am EF oder Lycée
<b>(RCo4)</b> No enger festgeluechter Zäit sollt eng eenzegt Sprooch schrëftlech an mëndlech beherrscht ginn, déi aner Sproochen just mëndlech
<b>(RCo5)</b> Dem Schüler ab dem Lycée d’Méiglechkeet ze ginn seng Fächer an enger Haaptprooch sinn an et och soss eng Haaptprooch gëtt déi am Meeschte bewäert gëtt
<b>(RBp)</b> Et muss een ervirhiewen, dass Sproochen d’ selwecht kënne geléiert ginn
<b>(RD03)</b> Probéieren net all Schüler op een Niveau ze kréien
<b>Lëtzebuergesch als gemeinsam Sprooch bäibehalen</b>
<b>(RAo5)</b> Lëtzebuergesch als gemeinsam Sprooch
<b>Däitsch oder Franséisch als 2. Sprooch enseignéieren</b>
<b>(RAo5)</b> Däitsch als 2. Sprooch oder Franséisch als 2. Sprooch enseignéieren an net béid Sproochen op Niveau Mammesprooch verlaangen

<b>De Choix bei der Alphabetiséierungssprooch ginn</b>
<b>(RDp)</b> D'Kand soll och de Choix hunn bei der Alphabetiséierung (Sprooch gouf net präziséiert)
<b>(RDp)</b> Et sollt een der Demande vun den Elteren fir eng Alphabetiséierung an anere Sproochen entgéint kommen
<b>(RAp)</b> Eng Méiglechkeet, fir der sproochlecher Diversitéit gerecht ze ginn wier et, fir zwou Filiéren unzëbieden. D'Kanner géingen entweder mat Däitsch oder mat Franséisch ufänken. Eréischt wann si sech an dëser éischer Sprooch eng Basis opgebaut hunn, kéim dann déi zweet Sprooch dobäi. Domat hätt all Kand dann eng dominant Sprooch (déi éischt) an eng Zweetsprooch
<b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wësch: Alphabetisatioun op Franséisch/ Alphabetisatioun op Franséisch?
<b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wësch: Alphabetisatioun op Franséisch
<b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wësch: entweder Däitsch oder Franzéisch am 2.1
<b>(RDob)</b> Alphabetiséierung an der Mammesprooch, op Däitsch oder Franséisch au Choix an dann déi aner Sprooch als Optioun (et kann een se wechloossen)
<b>(RAp)</b> D'Alphabetisatioun dierft net nëmmen op Däitsch ugebuede ginn. Et misst méiglech sinn, e Choix kënnen ze maachen tëschent e puer Alphabetisatiounen (mindestens Däitsch a Franséisch) esou wéi et an den neien internationale Schoulen ugebuede gëtt.
<b>(RBo4)</b> 11 verschidden Mammesproochen an enger Klass – deene géif et méi licht fale wa se géifen op Fr oder Eng Alph ginn
<b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wësch: Alphabetisatiounsmethoden fir Däitsch oder Franséisch als FRIEMSPROOCH wier wichteg fir den Accueil vun etlechen Primoarrivanten
<b>(RDo5)</b> En France ou en Belgique par exemple, on apprend aux élèves à lire et à écrire une langue qu'ils parlent déjà: leur langue maternelle. A Luxembourg, cela devrait être le cas aussi: apprendre à lire et à écrire dans sa langue maternelle
<b>(RBp)</b> Alphabetisatioun souwuel op Däitsch, wéi op Franséisch, wéi op Lëtzebuergesch ubidden. Mee firwat net och Englesch? Wien entscheet a wéi enger Sprooch soll alphabetiséiert ginn? Oder wéi eng Sproochen ugebuede ginn? Firwat géif net och Portugisesch als Optioun ugebueden? → Hei bestéing awer och de Risk, dass bildungspanech Elteren hir Kanner bewusst op eng Sprooch alphabetiséiere loossen fir e bestëmmtent schoulescht Auskommen ze erzielen, amplaz vun der Sprooch wat d'Kand als einfachst empfënnt
<b>(RAo5)</b> Wéi gesäit et mat Englesch aus?
<b>(RAo5)</b> Wann d'Alphabetisatioun op Däitsch am Cycle 2 bäibehale gëtt, misst onbedéngt déi däitsch Sprooch méi Wichtigkeet am Cycle 1 kréien.

<b>(RAo5)</b> Lëtzebuergesch Alphabetisatioun?
<b>E modulare System ubidden</b>
<b>(RDoB)</b> Méi kleng Klassen, Kanner méi jonk scho besser opdeelen, e bëssen no Modullen an den Sproochen schaffen an dann an anere Fächer eng aner Konstellatioun
<b>(RBp)</b> Et wier interessant wann eng Aart "Modulaire" System kéint geschaf ginn, an deem de Kand seng Stärkte valoriséiert ginn. Et kéint een dann och d'Kanner andeelen je no deem si Basebefestegung brauchen, oder staark an engem Fach sinn. Et muss natierlech am Kontext vum Stonneplang a vum Léierpersonal och opgoen. Et wier Flexibilitéit gebraucht
<b>(RAp)</b> E moduläre System, wou d'Kanner an de verschiddene Sproochen méi séier oder manner séier kéinte virukommen wier eng Léisung. Domat kréich all Kand an all Sprooch déi Zäit déi et brauch fir sech d'Basis unzueeegen an sech duerno a sengem eegene Rhythmus kennen weider ze entwéckelen. Gläichzäiteg, kéint dann eng dem Niveau ugepassten Bewäertung agesat ginn, esou datt all Kand seng Chancen an der Orientatioun behält
<b>(RDo3)</b> Mat Module schaffen, Niewefächer zesummen an de Sproochen dem Niveau no opdeelen
<b>(RAo5)</b> A Module-Schoul halen?
<b>(RAo5)</b> Konzept/System vun der Schoul änneren (Modullen, international School)
<b>(RCp)</b> Demande: Modell international Schoulen landeswäit
<b>(RAo5)</b> Konzept international School?
<b>Discours féieren</b>
<b>(RCo3)</b> Vill Zäit virun den Ecran'en reduzéiert d'Opmierksamkeetsspann vun de Schüler (Medien sollen sënnvoll an dem Alter entspriechend agesat ginn, en uerdentlecht Konzept muss do sinn → Hei muss en ëffentlechen transparente Discours gefouert ginn iwwer Problemer an d'Geforen.)
<b>Accueil</b>
<b>(RCo2)</b> en Accueil deen den Numm bei Primo-Arrivants zu Recht dréit (Classe d'accueil während x Méint an duerno Integratioun)
<b>(RCo2)</b> RICHTEGEN Accueil (Alphabetiséierung an enger Sprooch als Basis), do eng RICHTEG Integratioun
<b>(RCo2)</b> Eng koherent Linn mat wéi enger Sprooch am Accueil ugefaange gëtt
<b>(RCo4)</b> A méi kleng Gruppe schaffen ze kënnen well et méi intensiv ass a well ee méi gezielt op hier Besoinen agoe kann

<b>(RCo4)</b> Kleng Gruppen am Accueil fir d'Integratioun ze beschleunegen an d'Kanner sproochlech méi ze fërderen
<b>(RAo1)</b> Classe d'accueil → iwwehall ubidden
<b>(RCo3)</b> Classes d'accueil ausbauen

## Bewäerten an Orientéieren

<b>D'Bewäertung änneren</b>
<b>(RCp)</b> Demande: Changementer an der tatsächlecher Evaluatioun
<b>(RCp)</b> Demande: Net duerch/mat Sprooch evaluéieren
<b>(RAp)</b> D'Bewäertung muss geännert ginn fir de Kanner net eleng duerch d'Sproochen d'Méiglechkeeten fir eng Zukunft ze huelen.
<b>(RDp)</b> Méi eng holistesch Vue vum Kand hunn → net just op d'Sproochkompetenz mä d'Kand als Ganzt an doropshin orientéiert gëtt
<b>(RCp)</b> Evaluatioun deet vill Zäit verléieren: déi um Terrain... ass net déi vum MEN
<b>(RCp)</b> Prüfungen Zensuren nei denken
<b>(RCp)</b> Propose: Prüfungen + Zensuren ofschaffen
<b>Orientéierung eventuell méi spéit usetzen</b>
<b>(RBo3)</b> Firwat eng Orientéierung am C4.2 → tronc commun?

## Zesummenaarbecht mat den Elteren

<b>D'Elteren iwwert d'Sproochbildung an d'Méisproochegkeet opklären an abannen</b>
<b>(RAp)</b> Och d'Elteren mussen méi iwwer d'Wichtigkeet vun der sproochlecher Bildung gewuer ginn. Nëmme wa si verstinn, firwat hei zu Lëtzebuerg e Kand muss Sprooch léieren, kenne si dem Kand déi richteg Ënnerstëtzung bidden. Dat ass ëmsou méi wichteg wat d'Motorik beim Schwätzen ugeet
<b>(RAo1)</b> Doheem misst méi geschéien (fir d'Sproochförderung)
<b>(RBp)</b> Et kéint schonn an de Maternitéiten, bei de Pédiatere, etc... Campagne gemaach ginn fir Mamme-/Pappe-/éischt Sprooch ze valoriséieren, ze erklären wéi wichteg et fir dem Kand seng sproochlech Entwécklung a Weiderentwécklung fir eng fest Basis ze hunn, egal a wéi enger Sprooch
<b>(RBo1)</b> Opklärung misst eigentlech schonn am Waardezëmmer vum Pédiateur geschéien, d'Wichtigkeet nëmme konsequent eng Sprooch mam Kand ze schwätzen
<b>(RCp)</b> Demande: Bilan 30 obligatoresch
<b>(RCp)</b> An skandinaveschen Länner ass déi Opklärung bei den Elteren obligatoresch
<b>(RAo5)</b> Mammesprooch fërderen
<b>(RCp)</b> Demande: Elteren-Formatiounen
<b>(RCp)</b> Propose: Bei de Klengsten: Elterenaarbecht → Mammesprooch
<b>(RCp)</b> Demande: Projete am Precoce fir d'Förderung vun der Mammesprooch
<b>(RAo1)</b> Eltere mussen erkläert kréien wéi wichteg d'Mammesprooch ass!
<b>(RAo1)</b> Elteren méi informéieren wéi wichteg et ass d'Mammesprooch richteg ze beherrschen an se dozou bréngen vill mat den Kanner ze schwätzen
<b>(RCp)</b> Propose: Sprooch-Komp. vun den Elteren notzen
<b>(RCp)</b> Propose: Abannen vun den Elteren
<b>(RAo5)</b> Elteren alueden a Geschichten an hirer Mammesprooch virliesen/erziele loosse
<b>(RAo5)</b> D'Eltere scho virun der Aschoulung drop hiweisen, datt d'Mammesprooch enorm wichteg ass. D'Eltere sollen dem Alter ugepasst mat hire Kanner kommunizéieren.
<b>(RAo5)</b> D'Eltere solle mat hire Kanner méi Bicher kucken a virliesen.
<b>(RCo3)</b> Transparenz bei der Orientatioun → den Elteren mussen hiren Entscheedungen bewosst sinn



## Materiell Ressourcen an Infrastrukturen

<b>Materiell Ressourcen an Infrastrukturen</b>
<b>(RCp)</b> Propose: Flexibel Kllassesäll + Accès zu den Medien
<b>(RAo3)</b> Realistesch Moyen kréien fir kennen verschidden Proposen ëmzesetzen
<b>(RCp)</b> Propose: Schoulbibliothék
<b>(RBo1)</b> D'Eltere mat abannen, Bicher an der Mammesprooch aus der Bibliothék ausléinen a mat de Kanner doheem kucken. Schwierereg, sou Bicher ze fannen, wou kann een déi fannen? Leider ass bei verschidden Elteren och keen Interessi do. Vlächicht eng Lëscht, déi de Ministère zesummestellt, an déi Bicher ginn da bestallt.
<b>(RBo1)</b> Bicher zu all Thema wou an der Schoul behandelt gëtt. Verschidden Niveauë vu Liestexter, Dokumentatiounen etc. Wann e Kand e puer Bicher vun engem Niveau gelies huet, kann et an den Niveau uewendriwwer. (zB: Oxford reading tree)
<b>(RBo1)</b> An der Bibliothék verschidde Bicher an de verschidde Mammensproche fir d'Mammesprochen ze festegen.
<b>(RAo5)</b> An der Bibliothék Bicher a verschidde Sproochen disponibel hunn
<b>Bestehend Material promovéieren a notzen</b>
<b>(RAo1)</b> SIMS an SILA méi promovéieren
<b>(RCp)</b> Méisproocheg Bicher méi präsent maachen
<b>(RCp)</b> Propose: méisproocheg Bicher an de Schoulen
<b>(RCp)</b> Méisproocheg Billerbicher fannen
<b>(RCp)</b> Demande: Opwäertung vum Element Buch (Billerbuch)
<b>(RAo3)</b> SILA, DLL an méi Schoulen ubidden / fërderen
<b>(RCo1)</b> Recours au Kuspert- guide pour la phonologie
<b>(RCo1)</b> Avoir à disposition des images, les mêmes pour tous les cycles - Images de «Mila» fil rouge
<b>Méi Material schafen</b>
<b>Adaptéiert Material schafen</b>
<b>(RBo1)</b> Et gëtt nët wierklech Material fir Lëtzbuergesch als Friemsprooch z'enséigner

<b>(RDob)</b> Et soll nach méi Material entwéckelt ginn
<b>(RCo1)</b> Niveau d'exigence, manque de matériel et de programme pour certaines classes (p. ex. GIF au lycée en histoire)
<b>(RCo6)</b> Méi Material am Däitsche fir Kanner déi Däitsch als Friemsprooch léieren. (Ecoutten, Texter adaptéiert op Kanner)
<b>(RCo2)</b> Koherenz am Material: ugepasste Bicher, wéi z. B. de Sprachfuchs duerchgoend duerch all Cyclen verwennen
<b>(RCo1)</b> Problèmes de communication → utilisation de pictogrammes (avoir à disposition des images, les mêmes pour tous les cycles - images de «Mila» → fil rouge) (cycle 1, 2)
<b>(RAp)</b> D'SILA ass eng wonnerbar Méiglechkeet, fir eng positiv Wierkung op d'Sproochbildung ze schaafe. Esou Materialien bräichte mir der méi
<b>(RDo1)</b> D'Léiermaterial muss souwuel dem Alter, wéi och dem sproochlechen Niveau vum Schüler ugepasst sinn. Dobäi soll sou mann wéi méiglech mat lwwersetzung geschafft ginn, well et hei schwéier ass sech op eng lwwersetzungssprooch festzeleeën
<b>(RDo5)</b> Matériel pédagogique adapté à l'âge/niveau scolaire
<b>(RDo1)</b> Staatlech a finanziell Ënnerstëtzung fir d'Ausschaffe vu Léiermaterial
<b>(RCo2)</b> Ugepasste Bicher (Sprachfuchs Cycle 3+4) erliichter z.B. d'Léieren
<b>(RDob)</b> D' Didaktescht Material soll ënnerschiddlech Niveauen beinhalten
<b>(RDob)</b> Matériel didactique soll dem Niveau ugepasst sinn, beinhalten
<b>(RDo1)</b> Lues a lues mierkt een och mat Bléck op d'Léiermaterial, datt ëmmer méi differenzéiert geschafft gött.
<b>(RAp)</b> Wat d'Material ugeet, ass et néideg méi méisproocheg Elementer ze schafen. An engem Buch/Heft kéinten Themen op verschidde Sproochen ugaange ginn, fir esou d'Veständnis vun alle Kanner ze férdere an de Sproochevergläich ze férdere. Esou kéinten dann och d'„Sac d'histoire“ op méi Sprooche gläichzäiteg funktionéieren
<b>(RBo2)</b> Matériel scolaire adapté/à adapter. (p. ex.: Salut, c'est parti - le manuel du fondamental propose des unités où la langue est comparée de manière ludique)
<b>(RBo1)</b> Eenheetlech Symboler/Biller vum Precoce un fir Nomen, Verben etc. (Beispill Montessori)
<b>(RDob)</b> Materialien soll no CLIL content and language integrated learning (Beauvois & Gillen) gestalt sinn

<b>(RDo5)</b> Un même support divisé en leçons selon Niveau débutant (DB), Niveau intermédiaire (NI), Niveau avancé (NA) et selon l'EE, EO, CO, CE (GT CLIJA&Clia + Mélanie Beauvois/Laurence Gillen)
<b>(RDoB)</b> Material, dat méi op déi mëndlech Sprooch ausgeriicht ass, schwätzen a konkreten Alldagssituatiounen muss vill méi gefërdert ginn
<b>(RDo5)</b> Matériel pédagogique: bien trop peu d'exercices oraux! Il faut miser sur l'expression orale et la compréhension orale
<b>(RDo1)</b> D'Material, wat haut um Terrain benotzt gëtt, ass net genuch op déi mëndlech Kompetenz ausgeluecht. D'Schwätzen a konkreeten Alldagssituatioune muss vill méi gefërdert ginn
<b>(RDoB)</b> Material soll kreativ, villsäiteg an uspreechend gestalt sinn
<b>(RBo1)</b> D'Bicher sinn am Franséischen an am Däitschen ze vill ënnerschiddlech. Wann se méi änlech wieren, kéint ee méi fachiwwegräifend schaffen wann d'Themen änlech wieren
<b>(RBo5)</b> Vum Mila op de Spraachfuchs ass e grouse Cut. (C2 op C3) Vum C3 op C4 ass och nees e grouse Sprong. Franséisch ass besser openeen opgebaut.
<b>(RBo1)</b> Franséisch Programm ass lo méi strukturéiert, visuell, mat Faarwen. Evt. Och fir d'Däitsch upassen
<b>(RBo4)</b> FR Buch ass méi op den Plan d'et opgebaut wei dat Däitscht
<b>(RAo6)</b> De neie Programm am frans. ass méi flott, mee den ale Programm bereet méi op de Lycée vir

## Personell Ressourcen

<b>(RCp)</b> Wonsch no méi Ressourcen, méi Kompetenz, méi Leidenschaft, méi Experten
<b>(RCo5)</b> Méi Appui an der Sprooch
<b>(RDo2)</b> Méi a bessert Personal
<b>(RCo3)</b> Ressourcen dierfen net gekierzt mee erweidert ginn
<b>(RCo5)</b> Méi Intervenanten, déi an d'Klassen kommen
<b>(RCo4)</b> Contingent net méi esou erofsetze mee éischer erop fir kënne méi Ressourcen ze hunn
<b>(RAo6)</b> Et huet vill bruecht, Studenten nom Lockdown am EF anzustellen, déi mat 1 bis 2 Kanner geziilt geschafft hunn

<b>(RAo6)</b> Et brauch een och spezialiséiert Leit fir dat d'Integratioun vun de Kanner, déi aner wéi sproochlech Problemer hunn
<b>(RDp)</b> (an spezifesche Sproochen) spezialiséiert Enseignanten am EF
<b>(RBo1)</b> Am Precoce ass oft net genuch Personal a keng Zäit fir Sproochesaachen ze üben.
<b>(RAo1)</b> Méi Ënnerstëtzung an der Klass (méi Personal)
<b>(RAo1)</b> Méi personell Ressourcen an der Klass
<b>(RCp)</b> Demande: Méi Ressourcen → Personal
<b>(RBo6)</b> Zoustand: Sproocheniveau Barrière, och fir an anere Fächer zerechtzekommen: schwiereg Aufgab am C1, Ressource missten an der Spillschoul eropgoen, fir d'Kanner besser begleeden ze kennen
<b>(RBo1)</b> Weider Ressourcen zur Verfügung stelle fir kënnen a kleng Gruppen ze schaffen, virun allem an der Sprooch
<b>(RBo1)</b> Vill méi Ressourcë néideg fir dat opzefänken an och scho Logopedie an dem Alter.
<b>(RCo5)</b> Méi Intervenant'en
<b>(RCo3)</b> Am C1 d'office 2 Leit pro Klass → Aktuell Situatioun mat de Polien huet gewisen dass dat eng richteg Plus-value ass
<b>(RAo6)</b> Et wier gutt, wann een am Cycle 1 méi Ressourcen hätt: 2 Intervenanten pro Klass wou vill net-Lëtzebuerger sinn, méi Appui, etc. Och an der Maison Relais brauch ee méi qualifizéiert Personal fir d'Sproochkompetenzen opzebauen
<b>(RCo4)</b> 2 Intervenante reegelméisseg an d'Klass, Leit aus dem Pool sinn eng Plus-value
<b>(RAo6)</b> Et géing een och den Horaire vum EF upassen, z.B. eng méi eng kleng Mëttespaus, an dann hunn d'Educateuren an der Maison Relais méi Zäit fir d'Kanner
<b>(RAo1)</b> Klasseneffektiv onbedéngt erof oder méi Ressourcen an der Klass (C1)
<b>(RAo1)</b> Méi kleng Klassen fir dass e méi Zäit huet, fir op déi eenzel Kanner anzegoen
<b>(RAo1)</b> Klasseneffektiver erofsetzen
<b>(RDo3)</b> Méi kleng Klassen, d'Kanner méi jonk scho besser opdeelen
<b>(RCo5)</b> Méi kleng Gruppen/Klassen
<b>(RCo5)</b> Méi kleng Klasse fir méi individuell op d'Kanner kënnen anzegoen

<b>(RCo4)</b> D'Gruppen a verschidde Kontexter (voie de préparation, accueil, ...) misste vill méi kleng sinn (max. 8 Kanner). D'Reegelklasse mat engem „normalen“ Effektiv sollen awer bestoe bliiwen
<b>(RCo4)</b> Homogen Gruppen, wat an de leschte Joren guer net gär gesi war
<b>(RCo4)</b> Klassen homogen zesummesetzen
<b>(RBo3)</b> Appuistonne regroupéieren; alleguer déi Kanner, déi schwach sinn a Ressource brauchen, an enger Klass zesummen
<b>(RBo4)</b> C1 kritt den ganzen Appui, a wat se da méi al gi, wat se manner Appui kréien ( idee ) Dass déi éischt Sprooch richteg sëtzt ier déi däitsch Sprooch dobäi kënnt
<b>(RCo6)</b> Eventuell a der Maison Relais den Appui verstärken
<b>Ausbildung an Asetzen vun den Enseignanten</b>
<b>(RDp)</b> D'Ausbildung vun den Enseignanten muss iwwerducht ginn (kapabel sinn, déi verschidde Alphabetisierungs-systemer ze stemmen → FR, D)
<b>(RBo1)</b> An der Grondausbildung fir Enseignant ze ginn, misst do net nach méi an d'Sproochendidaktik investéiert ginn?
<b>(RD01)</b> D'Ausbildung vun den Enseignante méi konkret op d'Sproochsituatioun zu Lëtzebuerg ausleeën
<b>(RCo6)</b> Diere sinn fir an den Enseignement ze wäit opgemaach ginn, Feeler am Rekrutement. Se bräichten dringend Sproochecoursen fir den Entrée an den Enseignement Keng Kompensatioun vu Sproochen resp. Ewechloossen vu Sproochen ab engem gewëssenen Niveau, mee loosse bis bei de Bac B2, C1 zertiféieren loosse!
<b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wësch: Motivatioun fir Formation Continue vun den Enseignanten zu neie Methoden
<b>(RCp)</b> Demande: Formatiounen iwwert d'Methodik
<b>(RBo3)</b> Peut-être le confort et les habitudes professionnelles devraient être mises de côté. Le travail d'enseignant(e) demande un effort de professionnalisation. Et comme c'est la mission de l'enseignant(e) de former les citoyens de demain et les formations continues devraient être obligatoires.
<b>(RDob)</b> Sproochlech méi kompetent Personal
<b>(RCp)</b> Demande: méi germanophoont Personal
<b>(RAo4)</b> Idee: z. B. franséischen Turnproff astellen, dee mat de Kanner <b>just</b> Franséisch schwätzt

<b>(RCo3)</b> Enseignantë fannen, déi déi Sproochen, déi se enseignéieren, och beherrschen
<b>(RCo1)</b> Compétences des enseignants (formation des enseignants → proposer des formations)
<b>(RCo1)</b> Formation continue: échange entre enseignants pour élaborer des contenus ou matériels (groupe de travail, commission nationales des programmes) Comment organiser des échanges internationaux
<b>(RCo2)</b> Formations continues fir Enseignants fir Sproochverméttlung
<b>(RCo4)</b> Zu Formatiounen: „Méisproochegkeet an der Klass positiv notzen“ mat konkrete a net just theoretischen Usäz déi am Prakteschen kaum bis guer net ëmsetzbar sinn
<b>(RCo5)</b> Eng Formatioun wou méi praktesch Beispiller gemaach (z.B. wéi beim Sila
<b>(RCo5)</b> Eng Formatioun déi méi sou wéi en Erfahrungsaustausch tëscht den Enseignanten ass (Beispiller aus der Praxis)
<b>(RCo5)</b> Formatioun zu klengen Aktivitéiten an aanere Sproochen (Fr an D)
<b>(RCo4)</b> Fro fir d'Spezialisten: Ginn de Besoinen a groussen Deeler am Süde vum Land Rechnung gedroen wat d'Méisproochegkeet ubelängt?
<b>(RCo2)</b> Mathé, Sciencen etc gi fir d'Sproocheléieren mëssbraucht → Experten (am Ausland) fannen, déi do kënnen hëllefen
<b>(RAo5)</b> Ginn duerch déi rieseg Diversitéit d'Kanner net méi duercherneen, wéi datt si e groussen Notzen drauszéien?
<b>(RDp)</b> Spezialiséiert Enseignanten hunn
<b>(RCp)</b> Demande: Personell Ressourcen/Experten AN de Schoulen (adm. Vereinfachung)
<b>(RCp)</b> Diversitéit an den Expert'en um Terrain fërderen, déi natierlech Aart a Weis
<b>(RCp)</b> Propose: Personal kompetenzorientéiert asetzen
<b>(RDp)</b> Pool vun Enseignanten wou jiddereen seng Spezialitéit huet
<b>(RDp)</b> Net wéi am Lycée all Enseignant e Fach mä Teamteaching
<b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wësch: Orthophonistesches Begleedung bis 10 Joer
<b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wësch: Sproochenappui fir Kanner ab dem Precoce

<p><b>(RCo3)</b> Enseignantë, déi de Beruff wielen, sollen</p> <ol style="list-style-type: none"> <li>1. d'Sprooch gutt kënnen</li> <li>2. d'Sprooch am Cours schwätzen</li> <li>3. de Schüler ganz vill Méiglechkeete bidden, d'Sprooch aktiv ze praktizéieren</li> <li>4. d'Motivatioun duerch interessant Methoden/Inhalter hiewe fir Sproochen ze léieren</li> </ol>
<p><b>Zesummenaarbecht tëschent den Servicer</b></p>
<p><b>(RAo1)</b> Wann Hëllef ugefrot gëtt, dauert et vill ze laang bis eppes geschitt, déi Prozesser mussen onbedéngt méi séier ginn (= manque de flexibilité)</p>
<p><b>(RAo1)</b> Servicer missten méi matenee schaffen</p>
<p><b>Zesummenaarbecht mat der Logopedie</b></p>
<p><b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wënsch: Logopedie Diagnostik an Ënnerstëtzung fir friemsproocheg Kanner</p>
<p><b>(RBo)</b> Erwaardungen/Wënsch: Logopedie present a schaffen ab dem Precoce</p>
<p><b>(RAo1)</b> Depistage vun der LOGO (gutt a soll bäibehale ginn)</p>
<p><b>(RAo1)</b> Kanner, déi vun der LOGO diagnostizéiert ginn, do d'Elteren an d'Schoul ruffen, amplaz dass se sech bei Frieme musse mellen → an deem Fall méi mat der Schoul zesummeschaffen, well d'Enseignantë méi mat den Elteren a Kontakt sinn, a sou d'Kommunikatioun vläicht méi einfach ass.</p>
<p><b>(RAo1)</b> Dass LOGO och ka mat deene Kanner schaffen, déi en CI-Dossier hunn</p>
<p><b>(RCo5)</b> Ze wëssen wéi „gutt“ d'Mammesprooch vum Kand wierklech ass, fir ze wëssen wéi d'Basis vum Kand ass (z.B. mat engem Spezialist)</p>
<p><b>Zesummenaarbecht mat den Elteren</b></p>
<p><b>(RCo2)</b> FoCo</p> <ul style="list-style-type: none"> <li>• In-Formatioun fir Elteren a Kanner</li> </ul>
<p><b>(RCo2)</b> Elteren informéieren iwwert d'Sproocherwaardungen vun der Schoul, déss Infoen sollten offensiv an d'Ëffentlechkeet bruecht ginn</p>
<p><b>Lëtzebuergesch schonn virun der Aschoulung fërderen</b></p>
<p><b>(RAo5)</b> Ausserschoulesch an ier se ageschoult ginn</p>

CoLab Méisproochegkeet | Online | **Atelier A » Chat**

Zesammenhang Fundamental - Secondaire	
Et spillt keng Roll de Fundamental komplett ëmzeträmpelen, wann am Secondaire näischt geännert gëtt	 7
Roll vum Lëtzebuergesch	
Förderung vum Lëtzebuergesch?	 5
Weider Ënnerstëtzung beim Erléieren vum Lëtzebuergesch	 1
Eng gemeinsam mëndlech Sprooch fir d'Kanner an der Schoul: Lëtzebuergesch. Dat verhënnert jo net, datt d'Kanner awer nach ënnert sech kënnen hir Mammesprooch schwätzen.	
Wichtigkeet vun der Mammesprooch	
Wann d'Mammesprooch net setzt, ass et schwéier eng nei sprooch ze léieren	 5
Verfestegung vun der Mammesprooch	 2
Förderung vun der Mammesprooch	 1
Mammesprooch muss gefestegt ginn – vill Kanner kommen an den C1 ouni eng richteg gefestegt Mammesprooch ze hunn	 4
Ech fannen et schwiereng eng Mammesprooch ze festegen an der Schoul – mir hunn esou vill verschidde sproocheg Kanner; kënnen mir déi Mammesproochen all schwätzen?	 1
<i>Äntwert op de Kommentar virdrun:</i>	
Dat muss doheem geschéien, mee wéi solle mir hinnen zum Beispill Lëtzebuergesch bäibringen, wann si keng Basis oder Sproochverständnis an hirer sprooch hunn?	
Eltere sensibiliséieren wéi wichteg et ass mat hire Kanner ze schwätzen!	 3
Eng gemeinsam mëndlech Sprooch fir d'Kanner an der Schoul – Lëtzebuergesch. Dat verhënnert jo net, datt d'Kanner awer nach ënnert sech kënnen hir Mammesprooch schwätzen.	
Valoriséiere vun der Mammesprooch	 1



Elteren opkläre wéi wichteg d'Mammesprooch ass!	 5
Eltere sensibiliséiere wéi wichteg et ass, mat hire Kanner ze schwätzen!	 3
<b>Komplex Realitéit</b>	
Enger extrem komplexer Realitéit gerecht ginn	 4
<b>Fairness</b>	
Fairness am Bildungssystem	 4
<b>Aner Méiglechkeeten am Bildungssystem</b>	
Prioritéite setzen, wann e Kand KENG Sprooch richtig beherrscht (Flexibilitéit)	 3
<b>Motivatioun vu Schüler zum Sproocherwerb soll prioritär ginn</b>	
Motivatioun vu Schüler zum Sproocherwerb a -benutzung soll prioritär ginn	 2
<b>Mëndlechkeet/Schrëftlechkeet</b>	
Schwéierpunkt mëndlech oder schrëftlech?	 2
Schrëftlech – Basiswortschatz festegen amplaz ze schreiwen, wéi een et héiert	 1
Duerch d'Schrëftlecht fält am Alter d'Schwätzen nees méi liicht, wann een eng Sprooch laang net méi geschwat huet	
<b>Roll vun den Europaschoulen</b>	
Roll vun den neien Europaschoulen	 1
<b>Gréisst vun den Klassen</b>	
Gréisst vun de Klassen	 1
<b>Objektiver fir d'Sproochen</b>	
Zil - wat erreechen?	
Wat fir eng Objektiver a wat fir enger Sprooch?	

**Passage an de Secondaire**

Passage vum C4 an de Secondaire an do d'Ufuerderungen mat deenen d'Schüler konfrontéiert ginn

**Organisatioun vum Precoce**

Organisatioun vum Precoce! Verschidde Gemengen erlaben net méi wéi awer néideg wier

**Ausserschoulesch Aktivitéiten, déi Sproochen fërderen**

Ausserschoulesch Aktivitéiten, déi Sproochen fërderen

CoLab Méisproochegkeet | Online | **Atelier B » Chat**

- Alphabetisatioun op Franséisch?
- Mehrsprachigkeit als Chance
- Chancëgläichheet fir all Kand
- Auditiv Wahrnehmung
- Nei Impulser Sprooch ze léieren am C1
- Sproochévillfalt am C1
- Orthophonistesch Begleedung bis 10 Joer
- Sproochendidaktik am Däitschen (Mila vs. Silbenmethoden) beim liesen a schreiwe léieren vun Ufank un; 2 oder méi Sproocher vergläichen
- Quelle didactique du plurilinguisme?
- Comment ne plus opposer les langues, mais créer des synergies?
- Alphabetisieremethoden fir Däitsch oder Franséisch als FRIEMSPROOCH wier wichteg fir den Accueil vun etlechen Primoarrivanten
- Sproocher „ofspecken“ wéi am Engleschen
- Erléiere vu Sproocher als Chance an net als Hënnernes gesinn
- Anlauttabelle, Silbenmethod, oder...?
- Verbesserung an der däitscher Sprooch (den Niveau vun de Schüler huet an de leschte Joren extrem ofgehol)
- Sproocher am Unterrecht an ausserhalb (Tutorat'en z.B.)
- Sproocherappui fir Kanner ab dem Precoce
- Logopedie Diagnostik an Ënnerstëtzung fir friemsproocheg Kanner
- Englesch och schonn am Primär?

- Alphabetiséierung fir Kanner mat Prononciatioun
- Logopedie present a schaffen ab dem Precoce; Wéi wichteg ass, dass direkt korrekt geschriwwé gëtt? Wichtegkeet vum „phonetesch“ Schreiwen
- Precoce obligatoresch fir méi e fréie Kontakt mam Lëtzebuergesch fir all Kand
- Grammatik a korrekt Kommunikatioun si wichteg, sollen awer net iwwerspëtzt ginn
- Motivatioun fir Formation Continue vun den Enseignanten zu neien Methoden
- Wéi Mammesprooch(e)n wäertschätzen a matenseignéieren an der Schoul... z.B fir besser Mathé etc ze verstoen entweder Däitsch oder Franséisch am 2.1

## CoLab Méisproochegkeet | Online | **Atelier C » Chat**

- Wéi verännert sech d'Méisproochegkeet?
- Wéi een Niveau lëtzebuergesch fir an de C2?
- Riskéiere mir net eng 2 Klassen (2 Sproochen) Gesellschaft ze ginn?
- Sproochenunterricht a Méisproochegkeet. Kompetenz vun der/dem Enseignant an der Méisproochegkeet
- Zesummenaarbecht an der Klass mee och tëscht Schoul a Maison Relais
- Wéi vill Sproocher mussen um Enn vum Secondaire wéi gutt beherrscht ginn?
- Sensibiliséiere fir Friemsproochen
- Ech sinn extrem enttäuscht iwwer d'Politik déi an de leschte Joren ëmmer méi an déi Richtung geet, wann e Problem mat enger Sprooch do ass, se einfach ewech ze loossen amplaz déi néideg Ressourcen zur Verfügung ze stellen fir deene betraffene Kanner ze hëllefen hir Kompetenzen ze errechen.
- Ënnerscheeder a Gemeinsamkeete vu verschiddene Sproochen
- Wéi kann ee bei der Bewäertung vun de Schüler\*innen am Kontext vun der Méisproochegkeet Rechnung droen?
- Firwat gëtt net och op Classique op ënnerschiddlechen Niveau'en Sproochen enseignéiert?
- Wéi kann en „Diskriminéierung“ verhënneren an all Schüler\*in seng Kompetenzen no zu engem Ofschluss verhëllefen?
- Soll een an deem Kontext net och eventuell op Méisproochegkeet an de Niewefächer zréckgräifen?
- Méisproochegkeet an der Klass notze während de Stonnen – Enseignante
- Eng Chance kréie jidderzäit sproochlech Retarden opzehuelen
- Wat muss am Cycle 4 gewosst si fir den Iwwergang an de Lycée?
- Eventuell eng aner Sprooch fir d'Alphabetisatioun?
- Verschidde Sproocher vergläichen an et an der Klass thematiséieren
- Et muss e roude Fuedem ze erkenne sinn an der Approche vum Cycle 1 (Precoce) bis zum Cycle 4.

## CoLab Méisproochegkeet | Online | **Atelier D » Chat**

- Sech ausdrécke kënnen a verschiddene Sproochen
- Sproochproblemer déi doduerch entstinn
- Zukunft vum Franséischen
- Bildungsbericht „Iddien“, Méisproochegkeet a Stellwäert spéitstens fir de Passage an Lycée wichteg
- Sproochfërderung
- Wéi de Futur soll ausgesinn
- Verstoen a verschiddene Sproochen
- Soll een kënnen Bildungssprooch wielen?
- Méisproochegkeet bei ganz schwaache Schüler
- Upassung vun der Alphabetisatioun
- Wéi kann een déi Problematik besser an de Schoulalldag abréngen?
- Interessi un anere Sproochen a Kulturen
- Les difficultés des enfants étrangers et souvent francophones dans le système scolaire multilingue luxembourgeois

### 3. Fotogalerie

D’Fotosgalerie ëmfaasst nëmme déi Inhalter, déi de 17. Mäerz 2022 en préSENTIEL um Edupôle zu Walfer beschwat goufen. D’Participant vum Online-CoLab hu mat engem Word-Dokument geschafft. D’Stéchwierder aus de Word-Dokumenter sinn am Kapitel 2 mat festgehalen.

#### Atelier A: Sproochbildung





Atelier B: Alphabetisierung, Sprochendidaktik a Méisproochegkeet

# SPROOCHENDIDAKTIK FIR D'MEISPROOCHEGKEET

verschiede Sproochfamilien  
verschiede Sproochtypen

Sproochkonsum als Problem

TELE, IPAD, HANDY, etc.  
→ PROBLEM?  
???

Gefill fir Sprooch am allg.

Oppléckung gudd? ↳ Verzögerung

doheem ze wéineg Kontakt mat Bicher

doheem ze wéineg aktiv geschwate Sprooch

Modulen (Préparatoire)

Motivatioun vum Hand ass dat wichtigst!

(trad.) (L) Dominanz vum Schréfflechen

KENG DIDAKTIK PASST SOU RICHTEG

BASIS-KOMPETENZEN AN DER L1, L2, L3, ...

TEXTER FIR VERSCHIDDEN NIVEAUXEN

Sproochen

neuland

# KOHÄRENZ VUM SPROOCHENUNTERRECHT AM EF

Eitersaarbecht

EMGANG  
NAM  
FEELER  
ENDENKEN  
PERFEKTIONISMUS

Referat  
ëmmer an der  
Friedensprooch


Verschieben  
Niveaue

Fächer  
opbrechen

Fächer  
Parallel

Gemeinsamkeiten  
rausschieben

Juwergang am  
Däitschen vum  
Cycle 2 op Cycle 3 as  
ze grouss. Et geet  
quasi direkt vun Satz=  
ebene op Textebene.



neuland

FRANKEN



# ALPHABETISÉIERUNG

Op Lëtzebuergesch  
alphabetisieren

Alphabetisiering  
op  
Fiz.  
Retard → Däitsch  
Prems

Verschieden  
Niveaun

Bremsenden  
DECKEL

Wann  
entschied  
ët?

KEIN  
Chancgläichheit

The image shows two vertical alphabet cards. The left card features letters from L to H with corresponding illustrations: L (Lion), N (Nest), M (Mushroom), D (Duck), B (Bee), G (Goat), W (Worm), V (Vase), S (Snake), R (Rabbit), ch (chicken), and H (Horse). The right card features letters from I to E with corresponding illustrations: I (Ice cream), E (Egg), A (Apple), O (Orange), U (Umbrella), and E (Egg).

neuland

TKEN

# SPROOCHHANNERGRËNN VUM KAND

**Kanner verbriengen ze vill Zait a Betreiuungsstrukturen**  
=> ze weinieg Virbillen fir Sproochprozessorwätzen / Austausch  
=> emotional Verbindung zur Sprooch fehlt

**Flexibilität am "Stonnestrang" -> Kand Elternarbescht**

**Alphabetisierung**  
Talent fir Sprooch, Sproochaffinität }  
Individuellen Emgang mam Léieren vun Sprooch  
Affloss von Sprooch op Bildungswee / méiglechkeet

Ergebnis:  
Sech informéieren wéi enger Sprooch funktionéiert

Regelmässig Brechen trëscht verschidde Sprooch bauen

Kanner gezielt no hirer (hires) Mammesprooch(en) fruen

All d' Sprooch wäertschätzen

**grouss Diversitéit**

Lët. Sprooch dacks net gefestegt "Bausteng" aus ennerschiddleche Sprooch vermiescht

"Ech haasse Franséisch"

Däitsch ass keng Selbstverständlechkeet (méi).

**Lëtzebuergesch:**  
Eischt gemeinsam Sprooch fir de Kommunikatiounswillien allen bei Flüchtlingen, ma net netmenen!

**Gefill fir Sprooch**

**Länge / Diversitéit**  
Fir verschidde Franséisch fir unse Mammesprooch

**Mammesprooch**  
= Basis fir nei Sprooch

**Funktionarität von de Sprooch**

**Mammesprooch**  
= Basis fir nei Sprooch

**Wichtigkeet & Valorisatioun von der Mammesprooch**

**KONTRAST-OPTIKIERUNG LOGO**

**LOKAL ENNERSCHEDER**

**Überragend**  
Steuerung

**Problem:**  
Kanner kënnen hir Mammesprooch net richtig

**Sproocher Hauptkriterie Orientatioun ge/lee**


**All Kand de selwechte Pensum -> Individuelle Sproochplang**

**ënnerschiddlech sproochlech Kompetenzen**

**Méisproochegkeet = groussen Atout!**  
Jann d' Bedingunge gutt sinn!


neuland


## Atelier C: Spannungsfeld téschent der institutioneller, gesellschaftlecher an individueller Méisproochegkeet









## Atelier D: Bildungsprozesse entwickeln











## 4. Kontakt

Wann Dir Froen oder Ureegungen hutt, kontaktéiert eis via [www.curriculum.lu](http://www.curriculum.lu) oder schéckt eis eng E-Mail op [curriculum@script.lu](mailto:curriculum@script.lu).

Mir freeën eis iwwer Ären Interessi un dësem spannende Prozess a sinn houfreg doriwwer, dëse Wee weiderhi mat lech zesummen ze goen.

Mat beschte Gréiss

D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

**Curriculum**  
Division SCRIPT

[www.curriculum.lu](http://www.curriculum.lu)



[www.script.lu](http://www.script.lu)